# RIPEVUSCH

ZEITUNG VUN DER GEMENG USELDENG

N° 1/3 – 2023



RIPPWEILER | EVERLANGE | USELDANGE | SCHANDEL

SOMMAIRE

## PRÉFACE



## GEMENG


Ee gutt gefëllten Bilan an een décke Merci! ... 03
Projeten, déi vun 2017 – 2023 an der Gemeng ëmgesat gi sinn. ... 05
Extrait du registre aux délibérations ... 12
Aweiung vun der Schandeler Spillplaz ... 16
Interview – neit Gemengepersonal an der Maison Relais ... 17
25 Joer am Déngscht vum Enseignement ... 19
JSKU – aktiv in und für die Gemeinde ... 20
Maison Relais bei de Fliedermais ... 21
Fréijoersbotz an der Gemeng ... 22


## DUERFLIEWEN


Generalversammlung 2023 SENIOREFORUM ... 23
Éischt Kommioun fir 13 Kanner aus der Par Atertdall Sainte-Claire ... 24
Denise Goedert-Knops feiert 90. Gebuertsdag ... 25






## VERÄINSLIEWEN


Pompjeesfrënn Useldeng ... 26
Generalversammlung vun der Harmonie Useldeng ... 28
Save the date - Flashmob 2023 ... 30
Club des Jeunes Useldeng ... 31
Kierch am Duerf Gemeng Useldeng asbl ... 32
Useldenger Football ... 33
Indiaca Nethoppers Useldeng ... 36


## DE GRÉNGEN ECK


Useldange reçoit la certification Argent du Pacte climat 2.0 ... 37


## AM KANTON


Neie Massagesalon an der Réidener Schwämm ... 40


## D'REZEPT VUN DER BOMI


« Kniddelen » Quenelles à la Luxembourgeoise ... 44


## AGENDA


„Uselding am Mëttelalter“ Mittelalterfest und -markt 16. Auflage ... 45


Wann Dir Loscht hutt, fir beim „Ripevusch„ matzeschaffen oder een Artikel oofzeliwweren, kënnt Dir Iech per E-mail mellen: communication@useldeng.lu
Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu

**Redaktiounsschluss fir den Ripevusch 2/2023 ass den 30.07.2023!**


Coverfoto : Jil Peiffer
Correctures : Merci dem Gaby Pavant
Mise en page : a | part
Impression : imprimerie reka
Tirage : 950 exemplaires

# Ee gutt geféllten Bilan an een décke Merci!



Léif Leit,

Wann een den Interessi u senger Gemeng nit verluer huet an nach ëmmer de Kapp voller neier Iddien huet, läit et eigentlich op der Hand, dass ee sech nach eng Kéier där schéiner Aufgab an där grousser Erausfuerderung an dem Wielerwëllen wëllt stellen!

Duerfir hunn ech meng Kandidatur nei gestallt a si fest gewëllt, mäi Wëssen a meng Erfarung, sou wann déi da gebraucht ginn, weider an dës Gemeng anzebréngen.

Jo, mir sti schonn erëm kuerz virun de Gemengewalen, déi dëst Joer fir d'éischt an de Mount Juni falen an nit méi, wéi gewinnt an de Mount Oktober a mir sinn also zum Enn vun enger weiderer Legislaturperiod ukomm, déi et a sech hat!

Dass ech an dëser Editioun vum Ripevusch ee Koup Mercie muss lassginn, läit op der Hand.

Am Schäfferot gouf an enger gudder Ambiance eng exzellent Aarbecht geleescht an d' Aufgaben haten nach eng Kéier massiv zougeholl. Dernieft huet eng Coronakris eis d'Liewen nit einfach gemaach; ëmmer erëm nei Direktiven a Recommandatioune koumen an d' Haus geflunn a fir eis Biergerinnen a Bierger louch den Alldag op der Kopp.

Mir hunn dee Spuk elo gottseidank iwwerstanen. Hien huet - och an eiser Gemeng leider seng Spueren hannerlooss -, mee mir kënnen endlich opootmen!

An an dësem Gemengerot huet sech - villäicht och doduerch - eng ganz schéi Fréndschaft a Kollegialitéit manifestéiert, déi d'Zesummenaarbecht weesentlich vereinfacht huet.

Natierlech ass och alt emol kontrovers, awer ganz konstruktiv diskutéiert ginn. An zum Schluss koum ëmmer eng positiv Decisioun fir eis Leit an eis Gemeng eraus!

Fënnef vun der Ekipp hunn aus verschiddene Grënn decidéiert, nit méi mat unzetrieden an alleguer hu se eent grousst Luef a meng déifsten Unerkennung verdingt!

Merci Irène Staus, Gérard Anzia, Raymond Feinen, Claude Bach an Claude Rieff fir déi gutt a wäertvoll Zesummenaarbecht iwwer Joren a merci dem Pé Da Silva, dem Christian Frank an dem Raoul Schaaf, dass se gewëllt sinn, sech nach weider an den Dingscht vun eiser schéiner Gemeng ze stellen.

Mir kruten zesumme villes beweegt a mir kënnen eent Resultat virleeën, wat sech weise léist.

Den Detail vun alle Projeten, déi realiséiert goufen, fann dir op enger anerer Säit vun dëser Zeitung!

Eist gesamte Personal vun der Gemeng, vun der Administratioun, der Schoul, der Maison Relais a vum Service technique hunn ëmmer nëmmen dat Bescht ginn, fir dass eis Biergerinnen a Bierger sech wuel fille kënnen an datt mer eisem Usproch, eng modern a biergerfréndlich Gemeng wëllen ze sinn, gerecht gi sinn.

Merci u si an un all déi gutt benevoll Leit aus de Kommissiounen an alle Veräiner, déi gehollef hunn, dass d'Gemeng Useldeng weider positiv a Beweegung war!

Neen, mir si keng Schlofgemeng a wëllen och ni eng ginn …

Mir hunn eis zum Dynamo an der Tourismusbranche vum Kanton gemausert. Mir wëllen eis Gemeng nach méi attraktiv maachen an Dokteren an anert medezinnischt Personal an eis Gemeng huelen a mir wëllen eist Gemengenhaus duerch een flotte Biergerzenter erweideren.

Mir wëllen och mat eisen Nopeschgemengen nach méi intensiv zesumme schaffen a mir wëllen de Kanton op Syndikatsbasis weider voll ënnerstëtzen.

An all dat wäert eis nëmme geléngen, wa mer déi virsiichtig Finanzpolitik vun de vergaangene Jore weider féieren.

Och an eiser Gemeng wuessen d'Beem nit an den Himmel an dach ass nach vill Sputt no uewen!

Et hu sech gutt a kompetent Kandidatinnen a Kandidate fir an d'Wale gemellt an ech sinn iwwerzeegt dass och si mathëllefe wäerten, eis Gemeng weider no vir ze bréngen!

Hinnen all wënschen ech ee schéine Score de kommenden 11. Juni!

Dir Dammen an dir Hären,

no engem dach éischter driibsigen Wanterwieder freeë mer eis elo op d'Erwaache vun der Natur an op vill Sonn!

Ech wënschen Iech all, an och am Numm vum Schäffen- a Gemengerot, vill Freed an Zefriddenheet fir déi kommend Päischtdeeg, an eise Veräiner vill Succès bei hire Manifestatiounen, ob Galaconcert, Mëttelalterfest, Schandeler Kiermes oder Open Air Festival an anerer!

Chères citoyennes, chers citoyens,

nous comptons une trentaine de nationalités différentes dans notre jolie Commune et nous nous efforçons permanent de rendre votre séjour et votre vie aussi agréable que possible.

Il est de notre devoir à veiller à une cohabitation non seulement paisible, mais riche en échanges sociales, culturelles et sportives.

Nous vous encourageons à participer aux nombreuses manifestations de nos clubs et associations, qui sont prêts à vous accueillir cordialement avec les mains grandement ouvertes!

Sachez que l'intégration la plus facile se fait à travers les rencontres humaines et dans une atmosphère d'amitié.

Nombreux de vous ont choisi de vouloir participer à la vie communautaire et nous vous remercions aussi pour votre inscription aux listes des votants pour les élections communales et nationales.

Au seuil de la fête de Pentecôte, je me permets de vous souhaiter, en mon nom personnel et de celui de mes collègues du collège échevinal et du conseil communal, d'agréables journées ensoleillées et pleines de satisfaction!

*Äre Buergermeeschter*



# Projeten, déi vun 2017 – 2023 an der Gemeng ëmgesat gi sinn.



Fäerdegstellung vum Projet Hôtel-Brasserie Péitche Lauer & Ecolodge an Opwäertung vum Tourismus duerch d'Konzept VisitWélleWesten an Zesummenaarbecht mam Réidener Kanton





Ausbau vun der Schoul- a Betreiungsinfrastruktur



Renovatioun an Ëmbau vun der aler Schoul zu Useldeng an Zesummenaarbecht mat der Associatioun Autisme Lëtzebuerg



Ëmbau vum Ënnerstand um Kierfent Iewerleng & Schafung vun engem Bëschkierfent zu Rëmmerich an Zesummenaarbecht mat den Gemenge Préizerdaul a Groussbus



GEMENG

# Opwäertung vum ëffentleche Raum

- Park Useldeng ronderëm de Fussballsterrain (Grillpavillon, Spillplaz etc.)











- Spillplaz Schandel





- Foussgängerbréck Iewerleng





# Verbesserung vun der Verkéierssécherheet

- Tempo 30 op alle Gemengestroossen




- Upassung vun diversen Zebrasträifen



- Ëmgestaltung vu verschiddene Busarrêten & Zesummeleeë vun de Busarrêten an der Béiwener Strooss





# Investitiounen an eis Sportsinfrastrukturen



- Neit Fangnetz & Grillbud um Fussballsterrain





- Installatioun vun enger Trennwand an der Sportshal & Akleede vun der Fassad





# Immobilien-Transaktiounen



- Kaf vum Haus Traufler zu Useldeng, 10, Am Trëmel



- Kaf vum Haus zu Useldeng 2A, am Trëmel a Sozialwunneng

- Bauplaz am Kader vum PAP Helpersbierg fir Realisatioun vun engem Projet am soziale Wunnengsbau (z.B. JobStarterWG)



- Reegelung vun de Besëtzverhältnisser vum Paschtoueschhaus zu Useldeng

# Astandsetzung vu Gemengegebaier

- Erneierung vum Daach vum ale Gemengenatelier an Installatioun vun enger Photovoltaikanlag

- Installatioun vun enger Pelletsheizung am Centre Culturel Iewerleng



- Erneierung vun der Beliichtung a Verbesserung vun der Akkustik am Centre Culturel zu Rippweiler





# Drénkwaasserinfrastruktur



- Projet SmartWater: Installatioun vun intelligente Waasserzieler

- Installatioun vun Drénkwaasserspender an diversen ëffentleche Gebaier



- Installatioun vun engem Iwwerwaachungs- a Steierungssystem vun eise Waasserbehälter an Zesummenaarbecht mat der DEA

# Ënnerstëtzung vum Fonds de Logement fir Realisatioun vu Projeten am soziale Wunnengsbau



- PAP Schiessberg mat 11 Wunnhaiser



- Foyer Béiwenerstrooss mat 12 Wunnunitéiten



- Kierchestrooss mat 4 Wunnhaiser

- Studien an Ëmsetzung vun éischte Moossnamen zur Verbesserung vun der Héichwaassersituatioun bei Staarkreen zu Iewerleng

# Kleng Chantieren an der Gemeng:

- Ëmbau a Renovatioun vum Ënnerstand um alen Fussballsterrain als Dépôt fir Trainingsmaterial an Ausschank



- Upassung vum Allafwierk vum Reewaasser beim Haus Kerger an der Rue Hiel



- Nei Clôture bei de Waasserbehälter Useldeng, Iewerleng an Schandel





- Poteauen an Zebrasträife bei der Buerg zu Useldeng





# Extrait du registre aux délibérations

**du conseil communal de la commune d'Useldange**



## Séance du 09 décembre 2022

### Avis du conseil communal concernant le classement comme patrimoine culturel national d'un immeuble à Useldange

Le bourgmestre informe le conseil communal que l'immeuble sis « 11, am Trëmel » a été classé comme patrimoine national.

### Fixation des subsides revenant à diverses associations pour l'année 2023

Le conseil communal a accepté à l'unanimité les demandes de subsides suivantes:

- APEMH: 150€
- Fondation Alzeimer: 150€
- ECPAT: 150€
- Fondation Autisme: 150€
- Scouts Grosbous: 250€
- Fondation Hëllef fir d'Natur: 125€
- Protection des Animaux: 250€
- Association des châteaux: 500€
- Nordliicht TV: 1000€
- Action pour un monde uni: 150€

### Charte de protection du climat de la Commune d'Useldange: Période de 2022 à 2030

Le conseil communal approuve à l'unanimité la charte de protection du climat de la Commune d'Useldange pour la période 2022-2030. Celle-ci comprend entre autres:

**Les objectifs dont par exemple:**

- La réduction d'émission des gaz à effet de serre (-55% d'ici 2023 par rapport à 2005) et d'atteindre zéro émission nette d'ici 2050
- L'efficacité énergétique de 40-44% jusqu'à 2030
- 25% d'énergie renouvelable de l'énergie brute finale en 2030

**Les domaines d'action dont :**

- Le développement territorial
- Les énergies et les bâtiments
- La gestion des ressources en eau et des déchets
- La mobilité
- L'organisation interne

### Droit de préemption

Le conseil communal décide à l'unanimité de ne pas exercer son droit de préemption concernant plusieurs terrains à Useldange, lieu-dit : « in der Horichtenacht ».

### Actes et conventions

Le conseil communal alloue à l'unanimité la convention de coopération entre la Commune de Préizerdaul, la Commune de Grosbous et la Commune d'Useldange concernant la réalisation et gestion du cimetière forestier intercommunal à Reimberg.

### Divers

**Statuts du syndicat intercommunal « Musekschoul Kanton Réiden »**

Le conseil communal a approuvé avec 8 voix favorables les modifications des statuts de la « Musekschoul Kanton Réiden ».

**Primes appareils électroménagers – pompes de circulation**

En référence à la proposition soumise par le bureau du Syndicat Intercommunal « De Réidener Kanton » auquel la gestion des demandes d'obtention des primes est confiée, le conseil communal accepte de procéder à une nouvelle fixation du montant des diverses primes allouées par la commune en faveur des résidents pour l'acquisition d'appareils électroménagers.

## Séance du 16 décembre 2022

| BUDGET RECTIFIÉ DE L'EXERCICE 2022 / MONTANTS VOTÉS PAR LE CONSEIL COMMUNAL | | |
|---|---|---|
| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
| Total des recettes | 9.451.401,38 | 2.555.164,14 |
| Total des dépenses | 7.378.090,05 | 6.588.571,68 |
| Boni propre à l'exercice | 2.073.311,33 | |
| Mali propre à l'exercice | | 4.033.407,54 |
| Boni du compte 2021 | 6.760.128,68 | |
| Mali du compte 2021 | | |
| Boni général | 8.833.440,01 | |
| Mali général | | 4.033.407,54 |
| Transfer de l'ordinaire à l'extraordinaire | -4.033.407,54 | +4.033.407,54 |
| Boni présumé fin 2022 | 4.800.032,47 | |
| Mali présumé fin 2022 | | |

| TABLEAU RÉCAPITULATIF DU BUDGET DE L'EXERCICE 2023 | | |
|---|---|---|
| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
| Total des recettes | 10.719.924,69 | 7.048.252,95 |
| Total des dépenses | 8.722.200,15 | 13.646.191,41 |
| Boni propre à l'exercice | 1.997.724,54 | |
| Mali propre à l'exercice | | 6.597.948,46 |
| Boni présumé fin 2022 | 4.800.032,47 | |
| Mali présumé fin 2022 | | |
| Boni général | 6.797.757,01 | |
| Mali général | | 6.597.948,46 |
| Transfer de l'ordinaire à l'extraordinaire | -6.597.948,46 | +6.597.948,46 |
| Boni définitif | 199.808,55 | |
| Mali définitif | | |

| Dépenses extraordinaires 2023 | |
|---|---|
| Extension du centre scolaire et de la maison relais | 5.450.000 € |
| Digitalisation | 250.000 € |
| Rénovation « Maison Dieschbourg » (ManuKultura) | 1.000.000 € |
| Construction d'un bâtiment pour activités touristiques et le projet « Rent a bike » | 539.000 € |
| Projet d'une maison intergénérationnelle | 700.000 € |
| Mise en état de l'ancienne Maison Traufler | 500.000 € |
| Aménagement de diverses aires de jeux | 225.000 € |
| Revalorisation touristique et écologique des places publiques | 250.000€ |
| Diverses mesures à réaliser dans le contexte de la participation au pacte climat | 160.000€ |

Le conseil communal a voté à l'unanimité le budget rectifié 2022 et le budget 2023.

# Séance du 17 février 2023

### Modification d'un poste d'éducateur

Vu la demande de retraite d'une aide-éducatrice, le besoin urgent de personnel encadrant et l'augmentation constante d'élèves à la Maison Relais, le conseil communal accorde la modification d'un poste d'aide-éducateur(-trice) en poste d'éducateur(-trice) diplômé(e) de 25 heures par semaine.

### Création de postes de salariés

Le conseil communal a décidé par scrutin nominal et à l'unanimité la création de deux postes d'accompagnateurs de bus à durée déterminée sous le statut de salarié à tâche intellectuelle.

### Présentation du plan pluriannuel financier (PPF)

Le conseil communal prend connaissance du plan pluriannuel financier pour les années 2021 à 2026 conformément aux dispositions réglementaires en vigueur.

### Décision concernant l'engagement d'étudiants pour l'année 2023

Le conseil communal décide à l'unanimité d'engager des étudiants pendant les vacances d'été durant la période du 17 juillet 2023 au 8 septembre 2023. Chaque étudiant devra résider dans la Commune et avoir au moins 16 ans et au plus 18 ans accomplis au moment de son engagement. Une dérogation d'âge dépassant les 18 ans pourra être accordée aux étudiants ayant opté pour un travail à la Maison Relais d'Useldange.

### Vote du budget rectifié 2022 et du budget 2023 de l'Office social de Redange

Le conseil communal vote avec 8 voix favorables le budget rectifié 2022 et le budget 2023 de l'Office social de Redange.

### Vote d'un subside extraordinaire pour l'année 2023

Un subside extraordinaire de 5000 € a été unanimement alloué à l'Harmonie d'Useldange afin de pouvoir éditer un livre à l'occasion du 125e anniversaire.

### Vote d'un crédit supplémentaire pour l'année 2023

Vu la décision du conseil communal d'accorder un subside extraordinaire de 5000€ pour une édition d'un livre, et vu qu'aucun montant était prévu pour ce subside dans le budget 2023, le conseil communal vote en faveur d'un crédit spécial pour un subside extraordinaire.

### Vote du projet et du devis du hall de stockage du centre Weidfeld

Le conseil communal approuve le devis du projet du hall de stockage du centre Weidfeld au montant total de 651.223,03€. Ce projet comprend un nouveau hangar de 13x30m et un silo à sel.







### Vote de divers devis concernant la voirie rurale

Le conseil communal a voté en faveur de plusieurs devis concernant la voirie rurale au montant total de 439.000€.

### Vote d'un projet de morcellement à Rippweiler

Le conseil communal approuve un projet de morcellement de terrains à Rippweiler.

### Approbation de la convention de mise en oeuvre Pacte Logement 2.0

Le conseil communal décide avec 8 voix favorables d'approuver la convention conclue entre l'État et la Commune d'Useldange.

Cette convention a pour objet de déterminer les obligations de la Commune et de l'Etat découlant de la loi dont notamment les modalités de la mise à disposition du conseiller logement, de la mise en œuvre du « Programme d'action local logement » (PAL) ainsi que des participations financières en faveur de la Commune peut recevoir dans le cadre de la mise en œuvre du PAL.

### Actes et conventions

Le conseil communal alloue à l'unanimité les actes et conventions suivants :

- Acte de cession à titre gratuit entre M. Jean-Paul Forgiarini et l'Administration communale d'Useldange concernant un terrain à Useldange contenant 25 centiares.
- Convention entre M. Carlo Wirtgen et la Commune d'Useldange concernant des mesures de protection de la nature proposées par le syndicat SICONA-Centre.
- Convention Bipartite 2023 : Service d'éducation et d'accueil pour enfants
- Acte de cession à titre gratuit entre la société anonyme de droit luxembourgeois « L'ECO-Invest LUX S.A. » et l'Administration communale d'Useldange concernant une place voirie contenant 1 are 49 centiares à Useldange.
- Convention concernant les services jeunes pour l'année 2023

### Titres de recette

Le conseil communal approuve les différents titres de recette présentés par Monsieur Bodem.

## Séance du 14 avril 2023

### Création de poste d'un employé communal

Dans sa séance du 14 avril, le conseil communal a voté en faveur d'une création de poste d'un employé communal.

### Approbation d'un compromis de vente

Le conseil communal décide d'approuver le compromis de vente entre la famille Scholtus et l'Administration communale d'Useldange.

La famille Scholtus cède à la Commune d'Useldange un terrain pour aménager une liaison cyclable/piétonne entre les deux chemins publics existants pour relier les deux localités de Useldange et de Schandel.

### Création d'un emploi d'insertion pour chômeurs de longue durée

Le conseil accepte la création d'un emploi d'insertion pour chômeurs de longue durée pour renforcer le service technique.

### Accompagnateurs de bus ; Fixation de la rémunération – décision à caractère général

La rémunération des accompagnateurs de bus a été fixé à 15€ par heure.

### Fixation de l'impôt foncier 2024

Le conseil communal décide à l'unanimité que l'impôt foncier reste inchangé.

- Impôt foncier applicable aux maisons unifamiliales et aux maisons de rapport : 200%
- Impôt foncier applicable aux constructions commerciales : 600 %
- Impôt foncier applicable aux terrains à bâtir à des fins d'habitation : 400%

### Fixation de l'impôt commercial 2024

L'impôt commercial reste également inchangé pour l'année 2024. Le conseil communal décide avec 9 voix de laisser le taux à 275%.

### Vote de subsides

- Un subside de 150€ a été accordé à l'Association Nationale des Victimes de la Route a.s.b.l.
- Dans sa séance du 14 avril, un subside extraordinaire de 2500€ a été accordé au Club des jeunes d'Useldange afin d'acquérir de nouveaux vêtements pour leurs membres.

### Approbation de contrats de travail

Trois contrats de travail à durée déterminée et deux contrat de travail à durée indéterminée ont été approuvés.

### Approbation du programme d'action annuel 2023 du Sicona-Centre

Notre conseil approuve le programme d'action annuel 2023 du Sicona-Centre.

### Actes et convention

Les actes et conventions suivants ont été approuvés par le conseil communal :

- Acte de vente entre les Mesdames Freymann et l'Administration communale d'Useldange
- Acte de remembrement concernant le PAP Helpersbierg.
- Convention conclue entre SICONA, Monsieur et Madame Damasio et la Commune d'Useldange.

Le conseil décide également de ne pas exercer son droit de préemption concernant plusieurs terrains à Useldange.

# Aweiung vun der Schandeler Spillplaz

Den 21. Abrëll gouf déi nei Spillplaz offiziell vum Schäffen a Gemengerot, sou wéi vun de Schandeler Duerffrënn ageweit. Dëse Projet reit sech an, an déi vill Projeten, déi di lescht Joren an der Gemeng am Kader vun eisem Slogan „Useldeng d'Gemeng vum Zesummeliewen" realiséiert goufen. Dëse Projet huet ganzer 88.000€ kascht a gouf den 21. Oktober 2021 eestëmmeg am Gemengerot gestëmmt.

D'Spillplaz setzt sech aus 3 Elementer zesummen:

- eng normal Spillstruktur,
- ee Kloterfiels,
- ee Mini-Multisport-Terrain

No der Usproch vum Buergermeeschter an der Ried vum Präsident vun de Schandeler Duerffrënn ass d' Bändchen zesumme mat de Kanner offiziell duerchgeschnidde ginn.

Uschléissend huet d'Gemeng déi vill Awunner a Kanner déi sur Place waren op en Éierewäin an e Maufel z'iessen invitéiert.













GEMENG

# Interview – neit Gemengepersonal an der Maison Relais

Ech leeë ganz vill Wäert drop, dass no de Kanner hire Besoine gekuckt gëtt an dass se ganz individuell betreit ginn.




R.R. Kanns du dech kuerz virstellen (Alter, vu wou, ...) a kanns du eis kuerz deng Ausbildung (Qualifikatioun) an däi professionelle Parcours beschreiwen, éiers du hei op d'Gemeng Useldeng schaffe komm bass? Wat sinn/wäerten deng Aufgabe bei eis op der Gemeng sinn?

S.M. Mäin Numm ass Salomé Mendes, ech hu 35 Joer a si gebierteg vu Miersch.

Ech hunn eng Ausbildung als Auxiliaire de vie gemaach a war 15 Joer laang an engem Fleegeheem täteg. Duerno hunn ech an enger Maison Relais ugefaangen, wou ech meng éischt Erfarunge mat Kanner konnt sammelen. Säit dem 1. Februar schaffen ech elo hei an der Maison Relais.

R.R. Firwat wolls du gären hei op der Gemeng schaffen? Wat erwaarts du dir bei dengen zukünftegen Aufgaben?

S.M. Ech wollt gären hei an der Gemeng schaffen, well ech nëmmen Positives iwwert d'Maison Relais héieren hat.

Ech leeë ganz vill Wäert drop, dass no de Kanner hire Besoine gekuckt gëtt an dass se ganz individuell betreit ginn. Ech hoffen esou, dass d'Kanner sech kënne beschtméiglech weiderentwéckelen an dass se ëmmer op mech zréckgräife kënnen, wann e Problem sollt sinn. Ech hoffen, dass d'Kanner esou Vertrauen zu mir kënnen opbauen. Ech erwaarde mir, dass mir de Kanner dat ganzt Joer iwwer villfälteg Aktivitéite kënnen ubidden.

R.R. Wat sinn déi besonnesch Erausfuerderungen, déi op dech duerkomme bei denger Aarbecht fir d'Gemeng Useldeng?

S.M. Eng besonnesch Erausfuerderung wäert et sinn an enger neier Equipe ze schaffen, mat neie Kanner an engem neien Oflaf.

R.R. Wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?

S.M. A menger Fräizäit interesséieren ech mech fir Musek, Konscht a maache gäre Sport.



> De Kanner hir Liewens-
> freed a Kreativitéit
> begeeschtere mech
> immens.

**R.R.** Kanns du dech kuerz virstellen (Alter, vu wou, ...) a kanns du eis kuerz deng Ausbildung (Qualifikatioun) an däi professionelle Parcours beschreiwen, éiers du hei op d'Gemeng Useldeng schaffe komm bass? Wat sinn/wäerten deng Aufgabe bei eis op der Gemeng sinn?

**T.W.** Mäin Numm ass Wagner Tamara, ech hunn 31 Joer a komme vu Groussbus. Ech hu vun 2012 bis 2021 am Soins à domicile geschafft. Duerno sinn ech ee Joer an ee Foyer de Jour mat Mënsche mat Demenz schaffe gaangen.

Leider ass et am Soins net méi sou flott schaffe wéi et mol eng Kéier war. Deemno wollt ech eng nei Erausfuederung an hu mech dozou entscheet an d'Maison Relais op Useldeng schaffen ze kommen.

**R.R.** Wat erwaarts du dir bei dengen zukünftegen Aufgaben?

**R.R.** De Kanner hir Liewensfreed a Kreativitéit begeeschtere mech immens.

Kanner ob hirem Liewenswee ze begleeden ass eng Freed.

**R.R.** Wat sinn déi besonnesch Erausfuerderungen, déi op dech duerkomme bei denger Aarbecht fir d'Gemeng Useldeng?

**T.W.** Et ass eng Erausfuederung, well mir eng nei Equipe sinn an eis zesumme musse fannen. En neit Ëmfeld, nei Kanner, eng fir mech nei Struktur wäerten eng spannend Erausfuerderung ginn. Dorop freeën ech mech awer, well ech sécher sinn dass ech vill flott Erliefnisser wäert hu mat de Kanner, esou wéi och mat der Equipe vun der Maison Relais.

**R.R.** Wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?

**T.W.** A menger Fräizäit sinn ech elengerzéiend Mamm.

Ech gi vill op d'Spillplatz, a si gären an der Natur. Wann d'Zäit et zouléisst ginn ech lafen a maache Yoga.

# 25 Joer am Déngscht vum Enseignement

Am Kader vun der alljärlecher Neijooschrezeption, déi dëst Joer am Centre Culturel zu Useldeng, den 13. Januar gefeiert gouf, gouf d'Madamm Fabienne Frank an d'Madamm Hansen Myriam fir 25 Joer Déngscht am Enseignement geéiert.

Fir hir wäertvoll Aarbecht an der Primärschoul, wat hautzudaags d'École fondamentale ass, krute si e flotte Kaddo vun der Gemeng iwwerreecht.



# Depart Adriana Gianni

Den 13. Januar 2023 gouf d'Adriana Gianni traditionell op der Neijooschfeier vun der Gemeng, a seng wuelverdéngte Pensioun verabschit.

Firun 10 Joer huet hatt bei eis an der Maison Relais ugefaangen a ville Kanner sou munches bäibruecht. Bal dräi Wochen drop, den 31.01.2023 war du säi leschte Schaffdag bei eis.

Léiwt Adriana, am Numm vum Schäfferot, Gemengerot an dem ganze Personal, wënsche mir dir nëmmen dat Bescht fir deng Zukunft an dass du deng Pensioun a vollen Zich kanns genéissen. Mir soen dir villmools Merci fir deng 10 geleeschten Déngschtjore bei eis op der Gemeng.



# JSKU – aktiv in und für die Gemeinde

Mit Useldeng bougéiert wurde am Wochenende vom 25. & 26. März zum 5. Mal von der Jugend- an -Sportskommissoun ein gezeichneter Wander- und Spazierweg angeboten.

Diesmal führten die Wege wieder rund um Useldeng. Nachdem uns, durch Corona bedingt, seit der 1. Edition ein gemeinsamer Start bzw. Ziel mit nettem Beisammensein nicht möglich war, wollten wir dies bei unserer letzten Edition noch umsetzen.

In diesem Sinne hatte die JSKU, wie angekündigt, sonntags morgens zwischen 9:00 und 10:30 Uhr am Pavillon mit Kaffee, Tee, Schocki und einem Croissant auf sportbegeisterte Wanderfreunde gewartet. Schön, dass trotz Dauerregen, ein paar Einwohner/innen, den Weg bis zu uns und auf die Strecke gefunden haben. Wenigstens konnten wir helfen den Start zu versüßen und den Körper etwas aufzuwärmen.

Des Weiteren wird in Iewerleng, mittlerweile seit 3 Jahren, das Tanzbein geschwungen. Die von der JSKU organisierten Tanzkurse finden mittlerweile in Zusammenarbeit mit Manukultura statt. Weitere Informationen finden sich jeweils in den aktuellen Ausgaben der Informationsbroschüre.

Text: Christel Gottschalk







# Maison Relais bei de Fliedermais

### Ouschtereeër fierwen am Cycle 1

Ouschtere stoung virun der Dier, dofir hunn d'Kanner vum Cycle 1 Eeër mat allerlee Faarwe bemoolt an a flott Ouschtereeër verzaubert.








### Mat Sicona Villerchersfudder hierstellen a Villerchersmemory gespillt

Mat Sicona ware mir hei zu Useldeng an de Bësch an hunn zesumme Villerchersfudder un Hand vu Schmalz a Kären hiergestallt. Dono gouf nach ee flotte Memory och zum Thema Villercher gespillt, wou d'Kanner motivéiert matgemaach hunn.






### Fussballtournoi

D'Jonge vum Cycle 4 sinn an de Préizerdaul op de Fussballtournoi gaangen, wou si géint aner Maison Relaise Fussball gespillt hunn. Houfreg ware si d'Coupe mat Heem ze bréngen










### Een Dag am Bësch

An der Ouschtervakanz hu mir ee ganzen Dag am Bësch verbruecht. Als Mëttegiesse gouf et selwer gemaachte Pakalu ze iessen, dee mir iwwer eisem Lagerfeier gewiermt hunn. Duerno goufen nach verschidden Atelieren, wei eng Schnitzeljuegt, ee kreativen Atelier, verschidde Spiller an ee Kachatelier ugebueden.

# Fréijoersbotz an der Gemeng



D'Ëmwelt-, d'Sécherheets- an d'Feldwee-Kommissioun hat den 18. Mäerz op hir alljärlech „Grouss Botz" invitéiert. Treffpunkt war um hallwer 9 beim Centre Culturel zu Useldeng, wou d'Leit agedeelt goufen, fir an deene 4 Dierfer aus der Gemeng ze botzen. Et ass, ewéi ëmmer, vill Dreck zesummekomm. Och de Fussball hat mat enger grousser Ekipp un der Botzaktioun deelgeholl an duerfir och hinnen ee grousse Merci. D'Gemeng Useldeng hat all déi Bierger, wou matgemaach hunn, als Merci an de Restaurant Péitche Lauer invitéiert.



# Generalversammlung 2023
# SENIOREFORUM




Déi alljärlech Generalversammlung vum SENIOREFORUM huet virun engem méi wéi gutt gefëllte Sall vum Useldenger Schoulkomplex stattfonnt. Am Ufank vun der Sitzung huet de President Jules Schoujean gebieden, eng Gedenkminutt anzeleeë fir all déi verstuerwe Membere vum Veräin.

2022 war e ganz aktiivt Joer. Eng ganz Rei vu „Porte-ouverten", Ausflich, souwéi gemittlech a lecker Mëttegiessen, déi vun der eegener „Kachekipp" virbereet goufen, dat ass just nëmmen e klengen Abléck an den Aktivitéitskalenner vum Senioreforum.

Ënnert de gutt 30 Aktivitéiten am Joer 2022, waren ënner anerem eng Rees op Blankenberg, eng Visitt vu Bernkastel, eng Visite guidée vu Ramborn an een Trip op Monschau.

Den Tresorier Gast WETZEL huet de Keesebericht virgestallt an de Sekretär Pierre DA SILVA all d'Detailer vun de verschiddenen Aktivitéiten. Austriedend an erëm wielbar war dëst Joer de Pierre DA SILVA, den eestëmmeg als Sekretär erëmgewielt gouf.

Jubilare goufe geéiert an d'Memberen, déi 90 Joer a méi al waren, goufe besonnesch geéiert.

D'Offer u geplangten Aktivitéiten ass fir 2023 erëm ganz grouss, mam alljärleche Grillfest, diverse Reesen a Visitte, souwéi verschidde kuerz Ausflich sinn der elo hei nëmmen e puer opgezielt.

A senger Ofschlossried huet de Buergermeeschter Pollo BODEM déi virbildlech Gestioun vum SENIOREFORUM gelueft, wéi och déi virbildlech gutt Organisatioun bei deene villen Aktivitéite fir eis eeler Awunner aus der Useldenger Gemeng wéi och aus den Nopeschgemengen.



# Éischt Kommioun fir 13 Kanner aus der Par Atertdall Sainte-Claire





E Sonnden, de 16. Abrëll hunn 13 Kanner aus 9 verschidde Gemengen, di gréisstendeels der Par Atertdall Sainte-Claire ugehéieren, hir éischt Kommioun an der festlech gerechter Kierch zu Useldeng empfaangen.

De feierleche Gottesdéngscht huet de Pater Jean-Jacques Flammang zelebréiert an zu senger Säit stoung de Paschtouer Mathieu Janssen. Verschéinert gouf d'Mass vum Instrumentenensemble zesumme mam lokale Gesangsveräin ënnert der Leedung um Fernand Even mam Carlo Philippe op der Uergel.

Zum Schluss vun der Mass huet de Pater Flammang jiddderengem säi spezielle Merci ausgedréckt, deen zu dëser impressionnanter Éischt-Kommiounsfeier bäigedroen huet.



Foto & Text: Charles Reiser

# Denise Goedert- Knops feiert 90. Gebuertsdag





Zënter September 2016 fillt Denise Goedert-Knops vu Schandel sech Wuel am Home pour personnes âgées zu Réiden/Atert a konnt och hei bei gudder Gesondheet hiren 90. Gebuertsdag feieren. D'Denise Knops koum de 25. Mäerz 1933 zu Frassem (B) als dat éngst vu fënnef Kanner op d'Welt. Hir Eltere waren de Lucien Knops an d'Marie Mathay. No der Hochzäit um 9. Mee 1961 mam Félix Goedert hu si Allenzwee den elterleche Bauerebetrib zu Schandel och weidergefouert. Aus hirem Bestietnis koumen zwee Jongen an ee Meedchen op d'Welt.

Haut kann d'Famill mat Stolz op hir fënnef Enkel- an zwee Urenkelkanner zeréckkucken. De Félix Goedert ass de 25. Mäerz 2005 leider verstuerwen. No de Gratulatioune vum Home-Direkter Dany Oestreicher, deen am Numm vum Haus mat schéine Blumme gratuléiert huet , war et fir de Buergermeeschter Pollo Bodem mat sengem Schäffe Christian Frank eng besonnesch Éier, fir dem Denise Goedert-Knops mat enger Corbeille, gefëllt mat schéine Blummen, zum 90. Gebuertsdag, déi allerbescht Gléckwënsch am Numm vun der Gemeng Useldeng ze iwwerbréngen. A senger Laudatio ass de Buergermeeschter Pollo Bodem op der Jubilarin hiert aktiivt Beruffsliewen an der Famill, als Bauerefra an och als engagéierte Veräinsmember agaangen, wou nimools eng Stonn ze fréi an och ze spéit fir si war. Och de President Jules Schoujean vum Senioreforum Gemeng Useldeng huet gratuléiert a Merci gesot fir di trei Memberschaft am Senioreveräin. Grad esou huet d'Anni Linster d'Gléckwënsch vun der Gaart an Heem-Sektioun iwwerbruecht, wou d'Denise Goedert wärend 45 Joer als Komiteesmember an och wärend 25 Joer de Veräin als Presidentin un der Spëtzt gutt gefouert huet.

Fir déi schéi Blummen a Wënsch vun de Veräiner an der Gemeng huet d'Gebuertsdagskand villmools Merci gesot. Zesumme mat der Famill, Frënn a Bekannten ass duerno op weider gesond Jore geprost gin.

Foto & Text: Charles Reiser

# Pompjeesfrënn Useldeng

## Schlittschung fueren

Bei den Useldenger Jugendpompjeeën ass et mëttlerweil eng laangjäreg Traditioun, dass zum Ufank vum Kalennerjoer en Ausfluch op d'Äispist um Programm steet. Zanter e puer Joer fënnt dësen Ausfluch zesumme mam Jugendensembel vun der Useldenger Harmonie statt, mat deene mir all Joers eng Rei gréisser Aktivitéiten zesummen organiséieren. Esou si Sonndes, de 15. Januar eng ganz Rei jonk Musikanten a Pompjeeën op Beefort gefuer, fir hei e puer flott Stonnen ze verbréngen.

Den Zoufall wollt et, dass mir deen Dag och d'Kolleege vun de Veianer Jugendpompjeeën op der Äispist begéint hunn, sou dass fir eng grouss Gruppefoto eng Hallschent vun der Äispist kuerzerhand gespaart gouf. Zum Ofschloss huet, wéi all Joers, och d'Spaghetti net dierfe feelen, déi nom Retour am Gemengenzenter op Weidfeld op déi hongreg Kanner a Jugendlech gewaart huet.

## Ausfluch vun de Pompjeesfrënn:

De 4. Februar hu mer ee flotten Dag mat eisen aktive Memberen an eise Veteranen aus de Pompjeeë verbruecht.

Moies ass et mam Bus ob Wolz an de Pompjeesmusée gaangen, wou mer eng Visite guidée gemaach hunn. Vun do aus si mer ob de Schumanseck gefuer, fir do eng kleng Stäerkung zou eis ze huelen. Mëttes si mer dunn ob Marteleng an de Musée de l'Ardoise gefuer, wou mer eng Féierung duerch d'Schifergrouwen gemaach hunn a gewise kruten, wéi hei Schifer ofgebaut a verschafft ginn ass. Am klenge Bistro um Site hu mer dunn nach ee Patt gedronk. Vun do aus ass et zréck ob Useldeng gaangen, wou mer den Owend beim Péitche Lauer mat engem leckeren Iessen ausklénke gelooss hunn.



## Schwammmeeschterschaft

Sonndes, de 26. Mäerz huet zu Dikrech an der Schwämm déi 35. National Schwammmeeschterschaft vun der Lëtzebuerger Pompjeesfederatioun stattfonnt. Mat 13 Schwëmmer a 6 verschiddenen Alterskategorien, souwéi enger Staffel vu 5 Schwëmmer, hu virun allem eis jonk Pompjeeën hiert sportlecht Engagement a Kënnen ënner Beweis gestallt. Nieft enger Sëlwermedail an der Staffel si leider just 2 weider individuell Medaile fir d'Useldenger erausgesprongen.




## Oberhof

Oberhof, eng kleng Stad am Thüringer Wald an Ostdäitschland, war vum 31. Mäerz bis den 2. Abrëll d'Destinatioun vun enger Delegatioun vun Useldenger Pompjeeë fir déi dësjäreg Trapelaf-Saison ze starten. Hei stoung mat 701 Träppleker a ronn 120 Héichtemeter d'Trap niewent der Schisprungschanz am Kanzlersgrund – déi gréisste Sprungschanz an der fréierer DDR – um Programm. Ënnerstëtzung kruten déi Useldenger Pompjeeë vun engem Kolleeg aus dem Wëntger Asazzenter, deen hei och seng éischt Wettkampferfahrung am Trapelafe gesammelt huet. Mat lauter Zäiten, déi däitlech ënner 10 Minutte louchen (de Krittär fir am Startblock vun der Elite matzestarten) hunn déi 3 Equippe gewisen, dass mat hinnen ëmmer ganz vir am Klassement ze rechnen ass!

Nieft dem sportlechen huet awer och de gesellegen Deel net dierfe feelen. Bei engem Ausfluch an d'Nopeschstad

Suhl hu mir allerdéngs keng oppe Wiertschaft fanne kënnen, fir eise Succès ze feieren, soudass mir den Owend no der Course nees zu Oberhof verbruecht hunn, wou sou muncher engem nach déi eng oder aner gutt Adress vum leschte Joer bekannt war. Och fir 2024 ass den Datum vum Oberhofer Trapelaf nees fest am Programm, fir déi dach e wéineg méi aussergewéinlech Sportsaison ze lancéieren!






# Buergbrennen zu Schandel:

Wéi all Joer hu mer ob Buergsamsteg, de 25 Februar, zu Schandel d'Buergbrennen organiséiert, mat Ëmzoch duerch d'Duerf an owes dem Buergbrenne mat musikaleschem Encadrement vum „DJ keen Numm".

Mir haten erëm ee gudde Succès a soen eise Gäscht dofir Merci.

Text: Max Koster





# Generalversammlung vun der Harmonie Useldeng



**Musikantenéierung:**
**Hënnescht Reih: Georges Boudler President, Roger Jacoby, Fabienne Gengler, Nadine Wolff, Patrick Koster, Nicole Denelle, Nico Thies, Diane Hennico. Viicht Reih: Jérôme Heirendt, Sonja Frank, Claire Koster, Felix Pauly, Noah Metz**

VERÄINSLIEWEN

Ufanks Februar 2023 gouf déi 128. Generalversammlung vun der Useldenger Musek am Centre Culturel ofgehal. De President Georges Boudler huet d'Gemengevertrieder, d'Vertriederin vun der UGDA, d'Madamm Antoinette Hoschet, d'Musikantinnen an d'Musikanten an all d'Sympathisante vun der Musek begréisst.

Den 19. Februar 2022 huet den Éierepresident René Nierenhausen eis am Alter vu 96 Joer fir ëmmer verlooss. Fir de René, President vun 1971 bis 1992, war d'Useldenger Musek bis zu sengem Doud souzesoe seng zweet Famill. Niewent him vermësst d'Musek och de fréiere Bassist Menn Bock souwéi den treie Supporter Romain Schmit.

A senger Usprooch ass de President nach eng Kéier kuerz op d'Problematik vun der Corona-Pandemie agaang an huet ee Luef un den Dirigent Paul Fox, d'Dirigentin vum Jugendensembel Karin Pick an un all d'Musikantinnen an d'Musikante geriicht.

D'Sekretärin Karin Pick huet den Aktivitéitsrapport vun der leschter Saison virgedroen. De Caissier Roland Wald konnt eng gesond Keesesituatioun virleeën, wou d'Einname géintiwwer den Ausgaben iwwerweien, dat besonnesch wéinst deene fënnef Hämmelsmärsch, wou d'Leit ëmmer déif an d'Täsch gräifen, fir eis ze ënnerstëtzen: hinnen all een décke MERCI!

Nodeems datt bei der Neiwiel vum Kommitee véier Memberen hir Kandidatur net méi gestallt haten an och weider keng nei Kandidatur virlouch, setzt dëse Gremium fir d'Saison 2023 sech aus folgende siwe Leit zesummen: Georges Boudler President, Henri Steimes Vizepresident, Karin Pick Sekretärin, Roland Wald Caissier a Malou Grasges, Max Koster a Romain Sclisizzi. De President sot nach eng Kéier senge fréiere Kommiteesmembere Ben Bourg, Guy Frank, Nathalie Heirendt a Joëlle Nothum villmools Merci an huet hinnen ee klenge Kaddo fir hiert laangjäregt Matschaffen iwwerreecht.

Nodeems d'Versammlung all d'Rapporte guttgeheescht hat, hunn de Buergermeeschter Pollo Bodem an d'Vertriederin vun der UGDA Spéngelen a Medaile mat Diplom u folgend Musikantinnen a Musikanten iwwerreecht:

- Insigne fir 5 Joer: Lena Fantini, Noah Metz, Robin Metz, Jason Urbes, Amy Wagner;
- bronze Medail fir 10 Joer: Claire Koster, Felix Pauly;

- sëlwer Medail fir 20 Joer: Steve Beckers, Nicole Denelle, Fabienne Gengler, Jérôme Heirendt, Nico Thies;
- gëlle Medail fir 30 Joer: Sonja Frank;
- gëlle Medaile mat Palmette fir 40 Joer: Roger Jacoby, Nadine Wolff;
- sëlwer Medail Grand-Duc Adolphe fir 50 Joer: Diane Hennico;
- gëlle Medail Grand-Duc Adolphe fir 60 Joer: Patrick Koster.

Den Dirigent Paul Fox huet kuerz d'Wuert ergraff, fir all deene Merci ze soen, déi hie bei senger Aktivitéit als Dirigent ënnerstëtzt hunn. Och de Buergermeeschter Pollo Bodem huet am Schlusswuert d'Museksgesellschaft gelueft a weiderhin d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesot.

No der Versammlung huet d'Musek d'Leit all invitéiert, fir zesummen mat hir ee gudde Maufel ze genéissen.

Text: Patrick Koster

Foto: Claire & Max Koster




De Kommitee 2023 vun der Musek: v.l.n.r.: Roland Wald, Romain Sclisizzi, Malou Grasges, Georges Boudler, Henri Steimes, Karin Pick, Max Koster

VERÄINSLIEWEN

# 125 Joer Harmonie Useldeng (1895-2020)

Am Kader vun der Generalversammlung vun der Harmonie Useldeng huet de Roger Jacoby, President vum Organisatiounskommitee 125 Joer Harmonie Useldeng, matgedeelt, datt an hirer leschter Versammlung, déi am Januar vun dësem Joer ofgehale gouf, all d'Aktivitéiten nach eng Kéier Revue passéiere gelooss gi sinn an en intressante Réckbléck iwwer d'Aarbecht vum Kommitee gemaach gouf. De Caissier Patrick Koster huet e kompletten, iwwersiichtlechen an ofschléissende Bilan virgedroen, deen de Kommitee eestëmmeg ugeholl huet.

Nodeems déi flott Broschür, déi bei Geleeënheet vum Anniversaire erauskoum, ganz gutt bei de Leit ukomm ass, war domat d'Aufgab vum Organisatiounskommitee ofgeschloss an de President huet um Ënn vun der Versammlung de Kommitee opgeléist. Hien huet de Memberen aus dem Organisatiounskommitee nach emol Merci gesot fir hiert Engagement an och all de Firmaen, Betriber a Geschäftsleit, déi d'Harmonie mat enger Annonce finanziell ënnerstëtzt hunn, souwéi och deene ville Privatleit aus der Gemeng an der Ëmgéigend fir hir Generositéit.

Als Ofschloss vun de Festlechkeete fir den 125. Gebuertsdag vun der Musek huet de President an de Caissier am Numm vum Organisatiounskommitee e Scheck un d'Harmonie Useldeng iwwerreecht, dee vum President Georges Boudler an dem Caissier Roland Wald entgéintgeholl gouf.







D'Broschür ka bestallt ginn duerch Iwwerweise vun 20€ (+4€ Porto) op de Raiffeisekont LU74 0090 0000 3130 2607 vun der Harmonie Useldeng.

Text: Roger Jacoby

Foto: Claire Koster

# SAVE THE DATE - FLASHMOB 2023




D'Useldenger Musek organiséiert ee Flashmob. Schreift Iech dëse wichtegen Datum elo schonn an är Agenda - The Place To Be!

**Mee wat ass dat iwwerhaapt, esou ee Flashmob?**

Ma ganz einfach. An all Eck vum Duerf treffe sech Musikanten, déi vun do aus a Richtung Fussballterrain marschéieren, fir do zesumme mat Honnerten anere Musikanten ee puer Musikstécker ze spillen. Duerno geet et dann no e puer Feierlechkeeten um Terrain am Cortège zesummen an d'Iewerlengerstross, wou ee grousst Zeltfest ass.

**Wien kann hei matmaachen?**

All interesséiere Musikant ka sech och enger Grupp uschléissen a matspillen. D'Partiture si bei eis disponibel. Mee och Netmusikanten, Awunner aus deene jeeweilege Stroossen oder soss intresséiert Leit kënnen sech dem Cortège uschléissen a mat trëppelen.

**Wéini ass et?**

Samschdes, de 16. September. Dat Ganzt fänkt am Nométtig un an dauert bis dee leschten heem geet.

**Wéi geet et virun?**

Nom Flashmob ass ee grousst Zeltfest an der Iewerlengerstross, wou d'RythmBand an Crazy Cubes fir de musikaleschen Encadrement suergen.

**Nach Froen?**

flashmob@harmonie-useldeng.lu oder +352 691 535 610

# Club des Jeunes Useldeng

De Club des Jeunes Useldeng ass frou, och 2023 aktiv um Gemengeliewen deelzehuelen. Direkt de 6. Januar si mir mat enger legendärer Après Ski Party an dat néit Joer gestart. Méi wéi 800 Léit hunn zesumme mat eis an den DJ's from Lux hannert dem Centre Culturel gefeiert a vun eise Cocktaile esou wéi och der gudder Stëmmung an dem Gegrills vun der DEA profitéiert.

Dëst Joer hu mir, niewent eisem traditionellen Ëmzuch duerch d'Duerf a Buergbrennen, och erëm eise Völkerballtournoi a Bretzelsonnden organiséiert.

De ganze Buergbrennenweekend ware mir fläisseg um schaffen. Freides hu mir d'Buerg gebonnen, den Dag drop ware mir mat eisem Won duerch d'Duerf gefuer, fir da sonndes owes eist traditionellt Buergbrennen um Ökoparking ofzehalen. Bei enger gudder Gulaschzopp oder engem Glühgin konnte mir zesummen nokucken, wéi de Wanter verbrannt gouf.

Den 19. Mäerz hu mir, zesumme mat der Rippweiler Jugend, de Bretzelsonnden an der ganzer Gemeng organiséiert an den Awunner hir Bretzelen heem bis virun d'Dier bruecht. D'Léit konnten tëschent 4 Zorte Bretzelen a verschiddene Gréissten hir perfekt Bretzel zesummestellen a soumat un der aler lëtzebuergescher Traditioun deelhuelen. Ofgeschloss gouf den Dag bei puer Pätt a Gegrills.

Eis zweet Ausgab vum Völkerballtournoi, deen den 1. Abréll uewen an der Sportshal ofgehale gouf, war wéi d'lëscht Joer erëm e vollen Erfolleg an huet d'Leit aus dem Duerf esou wéi och Club des Jeunes aus der ganzer Ëmgéigend ugezunn. Eis Equippen hu bis an d'Nuecht ëm de Pokal gespillt a wärenddeem och nach fir den Télévie Sue gesammelt

Wéi kann een dem Club des Jeunes Useldeng bäitrieden?

Du bass aus der Gemeng Useldeng, hues mindestens 15 Joer, Loscht bei eisen Aktivitéiten am Duerf matzemaachen oder mat eis op aneren Aktivitéite Spaass ze hunn? Da bass du bei eis genau richteg. Fir Member ze ginn oder bei weider Froe kanns du dech gäre bei eis mellen

**Wou kann een eis kontaktéieren?**

- Facebook: Club des Jeunes Useldeng
- Instagram: cdj.useldeng
- Mail: cdjuseldeng@gmail.com










# Kierch am Duerf Gemeng Useldeng asbl





## 7. Generalversammlung - „We are all One“ - UKRAIN: Spendenopruff

Den 2. Mäerz 2023 war eis 7. KAD-Generalversammlung. Bei der Opzielung vun den Aktivitéite vum Aarbechtsjoer 2022 a Programm 2023 gouf däitlech, wéi nieft der Organisatioun vu liturgesche Feieren an eise 4 Kierchegebaier, och d'Mataarbecht an der Par, d'Sauvegarde vun eisem Patrimoine an d'Solidaritéit mat Mënschen an Nout eis virrangeg Aufgabe sinn a bleiwen. Den Optrag vum Poopst Franziskus un d'Katholicken, de Wee vun der Synod matzegoen, hu mer erfëllt. Opgrond vun de perséinlech schrëftlech formuléierte Wënsch a Kriticken an eise 4 Kierchen hu mir eis KAD-Positioun un d'Par weidergeleet, als Stëbskär op dem weltwäite Wee vun enger synodaler Erneierung vun eiser kathoulescher Glawensgemeinschaft. D'Virbereedung an d'Ausféierung vun der Jubiläumsfeier fir de Paschtouer Mathieu Janssen, als dankbar Erënnerung fir seng 50 Joer Priesteramt a 35 Joer Leedung vun eise fréiere Paren Useldeng/Rippweiler an Iewerleng/Schandel, hu grouss Freed gemaach. De Film „Ee Liewe fir d'Evangelium – Et geet net duer, just sonndes an d'Houmass ze goen“ hat ee breede Succès s mir soen de Veräiner aus der Gemeng fir dëse Kaddo villmools Merci.

Fir 2023 stiechen nieft de gewinnten Aktivitéiten de Jugendkräizwee op Karfreideg zu Rippweiler, d'Oktavmass fir d'Kanner bei der Grott vu Rippweiler an de Franziskusmount am Oktober 2023 ervir, mat Rousekranzandacht fir déi Verstuerwe vum leschte Joer den 3. Oktober, der Franziskus-Festmass de 4. Oktober, dem Instrumental-Concert de 15.Oktober, dem KAD-Familljefest den 21. Oktober, der Projektioun vum Film „The Letter“ an um interne Plang, der Verfassung vun engem Oppene Bréif un d'Gemengenautoritéite mat eisen Uleies betr. Zukünfteg Notzung vun de Kierchegebaier vu Schandel a Rippweiler. Dëse Bréif ass jidderengem zougänglech.

**D'Keess ass gesond, de Memberbeitrag fir 2023 ass 10 €, d'Membere vum Conseil d'Administration si bestätegt. Member ka jidderee ginn duerch Iwwerweisung vun 10 € op eise Cpte CCRA: LU 14 0099 7800 0053 7126. Dëst gëllt och fir d'Iwwerweisung vun engem DON fir d'UKRAIN, dee weidergeleet gëtt an eiser Aktioun „WE ARE ALL ONE“, a woumat d'Madame Iryna Goedert-Ptashnyk vu Schandel reegelméisseg ukrainesch Front-Zaldoten mat néidegem ziville Material op der Plaz ënnerstëtzt: Kleeder, Hygiène, Batterien, Medezinn, Iesswueren asw.**

Et ass d'Resultat vun der Informatiounssoirée, no der AG, mam Titel: Lëtzebuerg-Ukrain, Mateneen an Europa“. „We are all ONE“. Gewise gouf ee Kuerzfilm, realiséiert vun der jonker Mme Kristina GERA aus Russland a produzéiert vu „GUTT LAND Productions“ Nezar AL RAWI. Dëse Film huet eng Rei perséinlech Temoignagen iwwer erlieften an erlidde Krichssituatiounen an Emotiounen no sech gezu vun ukrainesche Fraen a Mammen déi bei äis am Land een Ënnerdaach fonnt hunn. Ni konnte mir besser verstoen, wat et reell bedeit, wann éischt Krichsbommen op d'Haiser fale wéi dësen Owend. D'Bedeitung vum Saz „We are all ONE“ war Wierklechkeet ginn. An eiser éischter Conseilssëtzung vum 20.4.2023, goufen eis Mandater erneiert.

De Conseil d'Administration vun der asbl Kierch am Duerf-Gemeng Useldeng besteet aus folgende Persounen: Presidentin: Anzia-Ney Lou, Useldeng/ Vizepresidenten: Even Fernand, Iewerleng / Barthelemy-Sietzen Léa, Schandel / Fisch Nicolas, Rippweiler / Sekretär: Metz Claude, Rippweiler / Caissière: Frank-Schroeder Jeanny, Iewerleng / Memberen: Harpes-Molitor Marie-Thérèse, Rippweiler / Metz-Harpes Marianne, Rippweiler / Boudler-Weyland Marthe, Useldeng / Linster-Rasqué Anny, Useldeng / Kleer-Hoffmann Monique, Iewerleng / Barthelemy Emile, Iewerleng / Beckers Pit, Schandel / Abbé Mathieu Janssen, Useldeng. Fir all Froen un eis: Handy: 621 490 108(Ney) oder ca@kad.lu. **Eise Website: www.kad.lu - Gitt emol luussen.**

Text: Lou Anzia-Ney

VERÄINSLIEWEN

# Den Useldenger Football an der 2. Hallschent vun der Saison 2022-23

## Seniors Equippen

Eis éischt Equipe huet d'Hironn, no 15 Matcher op der 10. Platz mat 17 Punkten an engem Golverhältnis vun 29-32. Dat ass natierlech, virun allem no der leschter Supersaison fir eis enttäuschend, vun deene 15 Matcher hu mir der just 5 gewonnen, 2 mol gläich gespillt an 8 mol verluer. Am November ass dunn an eisem Veräin decidéiert ginn, dass eppes misst geännert ginn. A wéi sou oft am Football, huet et den Trainer getraff. Den Enver Kelmendi, dee grouss Verdéngschter am Useldenger Football huet, ass 3 Matcher virum Enn vun der Hironn duerch eng „Useldenger Legend", wéi FUPA dat sou flott op hirem Internetsite beschriwwen huet, de Paul Hunnewald, ersat ginn. De Paul war scho vun 2012-2016 Trainer vun Useldeng a sollt eis Equipe interimsweis bis d'Wanterpaus iwwerhuelen, obwuel him och an deenen 3 Matcher mat 2 Nidderlage géint Bastendorf an d'Alliance Aischdall an engem Gläichspill géint Berdorf/Consdorf nach net wierklech den Ëmbroch a besser Zäite gelongen ass, huet eise Comité him awer säi Vertraue ginn an ass iwerzeecht, dass et dem Paul, zesumme mam Lorenzo de Carolis an dem Leo Fero, an der der Réckronn geléngt, fir eis Equipe erëm op déi erfollegräich Spuer ze bréngen, op där mir eis an der leschter Zäit beweegt hunn. Beim Redaktiounschluss vun dësem Artikel sinn e puer Matcher vun der Réckronn gespillt, allgemeng si mir an enger opsteigender Spuer, d'Leeschtung vun der Equipe ass besser, och wann d'Resultater nach Loft no uewen hunn.

| | | |
|---|---|---|
| • 2.02.2023 | USELDENG – NORDEN | 3-1 |
| • 18.02-2023 | USELDENG – FEULEN | 3-0 |
| • 26.02.2023 | ERPELDANGE – USELDENG | 3-1 |
| • 05.03.2023 | USELDENG – DIEKIRCH | 2-2 |
| • 12.03.2023 | LORENTZWEILER – USELDENG | 4-0 |
| • 19.03.2023 | USELDENG – PREIZERDALL/REIDEN | 4-3 |
| • 26.03.2023 | COLMAR-BERG – USELDENG | 3-2 |
| • 02.04.2023 | USELDENG – HOSINGEN | 3-2 |
| • 08.04.2023 | AVENIR BEGGEN – USELDENG | 3-1 |
| • 16.04.2023 | USELDENG – MERTZIG | 2-1 |

An der Coupe FLF sti mir an der Halleffinall, nodeems mir an der Véierelsfinall 3-2 n.V. doheem géint den FC The Belval Beles gewonnen haten.



Spilleresch ass eis Equipe an der Wanterpaus mam Fahic Sabotic vu Mersch a Marc Weis vu Bissen verstäerkt ginn. Mir begréissen si an eisem Veräin a wënschen hinne vill Erfolleg am Trikot mat der Buerg op der Broscht.

Mat vill méi erfreeleche Resultater huet eis 2. Equipe hir Hironn ofgeschloss, mat 7 gewonnene Matcher, 3 Remis an 1 Nidderlag sti si mat 24 Punkten an engem Golverhältnis vu 56-13 op der 2. Platz, just Bissen steet nach virun eis, allerdéngs hu mir Bissen am November doheem mat 14-2 geklappt, aktuell steet eis Equipe op der 3. Platz mat 35 Punkten, de Leader Bissen huet der 37, Wintger op der 2. Plaatz 36.

## Fanshop

Fir dass eis trei Supporter och ëmmer stilgerecht gekleet sinn, gëtt et säit dem 1. Abrëll eisen offizielle Fanshop, méi Info heiriwwer an der Buvette vum Veräin. Bestellunge kënnen opgeholl ginn, dir kritt d'Artikelen heem geliwwert.

## Jugendberäich

Am Jugendberäich hu mir eng nei Jugendkommissioun op d'Bee gesat, déi sech haaptsächlech ëm d'Fonktionéiere vun eise Jugendequippe bekëmmert. Fir d'éischte Kéier säit eisem Restart 2019 ziele mir iwwer 100 Jongen a Meedercher, déi am Useldenger Football lizenzéiert sinn a vun 12 Trainer a Form gehale ginn. An deem Beräich si mir sou grouss ginn, dass dat eleng vum Comité vum Football net méi ze geréieren ass. Mir hunn och elo mam Start vun der Hironn fir d'éischte Kéier all méiglech Kategorien un Jugendequippen unzebidden, schaffen awer am Scolaires- a Cadetsberäich mat Brouch zesummen. Mir ginn eis Scolairesspiller op

Brouch, duerfir spillen hir Cadets bei eis, eng Entente, déi gutt funktionéiert. Fir de Start vun der nächster Saison plange mir och nach, mat enger „Jeunes Filles" un den Depart ze goen.

### D'Resultater waren an der Hironn ganz zefriddestellend

D'Resultater an der Hironn sinn zefriddestellend, Bambinis hu méi Matcher gewonne wéi se der verluer hunn, eis Pupilles di sech am Moment bësse méi schwéier, gehéiert awer zum normale Prozess dozou, Poussins sinn och op engem gudde Wee. Ganz frou si mir, dass mir an de Kategorië Bambinis, Pupilles a Poussins direkt 2 Equippen um Start hunn. Eis Minimes an eis Cadets musse mir ervirhiewen, déi hunn d'Ronn als 1. an hirem Klassement ofgeschloss a steigen domat an eng Klass méi héich, Felicitatioun nach emol un déi 2 Equippen.

### Aussersportlech Aktivitéiten

Et ass fir eis ganz wichteg, dass mir eis Kanner beschäftegen an ënnerhalen, dat net nëmmen um Terrain, mee och am aussersportleche Beräich. Dozou dréit eise Jugendcamp bäi, dee mir dëst Joer iwwregens vum 29.-31. Mee organiséieren. Mir hunn awer och nach aner Aktivitéiten ënnerholl: Sou waren eis Cadets als Balljongen am Stade de Luxembourg beim Lännermatch LETZEBUERG-BULGARIEN engagéiert, mir haten am Februar de Kannerfuesbal zu Useldeng als Successeur vun de Jonke Mammen organiséiert a wëllen dëse Rendez-vous als fest Manifestatioun elo all Joer ofhalen. Donieft ware mir um Krëschtmaart mat 2 Stänn vertrueden an hunn och gäre virun Ouschteren un der Botzaktioun vun eiser Gemeng gehollef.

### 10. Dezember 2022: Visitt vum „Stade de Luxembourg"

Samsdes, den 10. Dezember hate mir all interesséiert Jugendspiller dozou opgeruff, fir mat eis zesummen eng Visitt vum neie Lëtzebuerger Nationalstadion op der Cloche d'Or ze maachen. Mueres um 9.00 Auer si mir mam Doppeldeckerbus, dee vun enger treier Supporterin gestëft gouf, op d'Cloche d'Or gefuer an hunn do all Ecker, déi normalerweis net fir déi „normal" Spectateuren zougänglech sinn, gewise kritt. D'Photoen hei weisen, dass et eng ganz flott Aktivitéit war.

No der Visitt as et zréck op Useldeng gaangen. Do hu mir de Spiller an der Buvette vun der Sportshal eng Spaghetti zerwéiert. Nom Iesse sinn de Kleeschen an den Houseker nach lanescht komm. Jidderee krut natierlecheng Tiitchen. Fir den Ofschloss vum Dag ass de Bus dunn och nach op Habscht gefuer, wou mir eis 1. Equipe bei hirem leschten Hironnematch kräfteg ënnerstëtzt hunn.

### Lalux Minimestournéier a Football-WM

Den 18. Dezember hate mir am Kader vum Lalux Indoor Cup en Turnéier fir d'Kategorie Minimes an eiser Sportshal zu Useldeng. Wéi den Zoufall et wollt, war deen Dag och d'Final vun der Football-WM am Qatar, dat hu mir eis dunn net entgoe gelooss an hunn de Match an der Buvette op groussem Ecran iwwerdroen.

### Ausbléck op weider Aktivitéite vum Veräin:

- **04.2023 GIRLS DAY**
  D'Jugendkommissioun organiséiert deen Dag en Schnupperdag fir jonk Meedercher. Wéi virdrun am Text hei erwäänt, plange mir fir d'nächst Saison eng Jeunes Filles Equipe, fir dass eis Meedercher, déi bis elo excellent mat de Jonge gespillt hunn, weiderhin d'Méiglechkeet hunn, fir fir den Useldenger Veräin ze spillen. Mir hoffen deen Dag nach weider jonk Meedercher kënnen ze rekrutéieren.
- **04.2023 CASTLE RIDE**
  Den 30. Abrëll ass déi nächst Editioun vum Castle-Ride, ausser Vélosparcours vun 32, 48, 54 oder 63 km gëtt och nach en 11 km Parcours fir d'ganz Famill ugebueden. Online Inscriptioune si méiglech op www.castleride.lu
- **Football Camp fir Jongen a Meedercher ab 7 Joer**
  Vum 29.-31. Mee organiséiere mir déi 2. Editioun vun eisem Footballcamp, dëst Joer mam Sponsor NSHL vu Keelen. Bis elo sinn 42 Kanner ugemellt. Umeldunge sinn awer nach weiderhi méiglech op www.footballuseldeng.lu
- **3. & 4. Juni 2023: Mëttelalterfest**
- **23. September 2023: Zeltfest zu Useldeng op der Wiss vum Mëttelalterfest**





Text: Claude Boudler

**Amis Footballeurs** de la Vallee de l'Attert

A. F. V. A.

*vous invite à leur*

# STAGE DE FOOTBALL D'ÉTÉ 2023

pour gardiens de but et joueurs de champ

**du lundi, 31 juillet au vendredi, 4 août 2023**

| Horaire | Manifestations | Localisations |
|---|---|---|
| 09h00 | Rendez-vous | Vestiaires à Bettborn |
| 09h30 – 11h00 | Entraînement à thème | Terrain synth. |
| 11h00 – 12h00 | Ateliers techniques / Piscine U13/U15 | Terrain synth. / Redange |
| 12h30 – 14h00 | Repas chaud – pause | Centre Culturel "Fabrik" |
| 14h00 – 15h30 | Entraînement à thème / Concours | Terrain synth. |
| 15h30 – 15h45 | Repos et collation | Terrain synth. |
| 15h45 – 17h00 | Matchs | Terrain synth. |

Catégorie d'âge: 7 à 16 ans

**Inscription par site internet (QR-Code) et par virement bancaire sur le compte AFVA:
Code BIC: BCEELULL ; Code IBAN:
LU30 0019 5155 5973 7000**

**Prix pour un participant: 250€ (Shirt, short et bas inclus)
Prix par personne à partir de 2 participants: 230€ (Shirt, short et bas inclus)**

Contact responsable de l'AFVA:
Tél: 621 286 754
Mail: info@afva.lu

# Indiaca Nethoppers Useldeng












### Mixte - Championnat

Den 1. Spilldag gouf Enn November zu Bettenduerf ausgedroen a mir si mat villen neie Spiller an eise Reien ugetrueden. Eis Géigner ware Kolmer, Alzeng an den Indiaca Or (eng belsch Equipe, déi un eisem Championnat deelhëlt, awer net gewäert gëtt). No engem schlechte Start géint Kolmer, konnte mer awer den 2. Saz fir eis entscheeden, an hunn dunn och d'Sätz mat Alzeng gedeelt. Just géint den Indiaca Or hu mer dee Kierzere gezunn, mee mir hate vill flott Ballwiessel.

Den 2. Spilldag ass de 25.3. um Holleschbierg gespillt ginn. Mir si géint déi staark Equippe Bettenduerf, Groe Léif an Indiaca Or ugetrueden. Mir hu mat vill Asaz gespillt an hunn dës Equippen dach tatsächlech bëssi un d'Wackele kritt an hu jeeweils ee Saz knapps op 2 Punkte verluer.

### Hären - Championnat

Den 1. Spilldag bei den Häre gouf de 4. Februar um Holleschbierg ausgedroen. Leider hu mir kuerzfristeg misse Forfait erklären, ënner anerem war Corona heiru Schold.

Op Nofro bei der Federatioun duerfe mir deen nächste Spilldag trotz eisem Forfait erëm untrieden a weider Erfarunge mat eise Spiller sammelen.

### Dammen - Coupe

Den 1. Mäerz si mer fir d'Damme-Coupe op den Houwald gefuer. Hei hu mer déi 2 éischt Sätz kloer gewonnen, am 3. Saz hu mer leider ofgebaut an dofir nach ee 4. Saz drugehaangen, fir de Match fir eis ze entscheeden.

### Dammen - Championnat

Hei si mer den 1. Spilldag (11.3.) op Ëlwe gefuer an hunn déi éischt Matcher vum Championnat géint den Indiaca Or, Kolmer an Alzeng gespillt. No dësem Spilldag beleeë mir déi 2. Plaz hanner Bettenduerf.

### Just 4 Fun



Eisen traditionelle Just 4 Fun-Tournoi huet de 17.3. stattfonnt. Hei hate vill Leit d'Méiglechkeet den Indiaca kennen ze léieren. Si hu mat hire lizenzéierte Kolleegen an Equippe gespillt an et goufe vill flott Matcher ausgedroen. Insgesamt hate sech 11 Equippen zesummefonnt, an hunn och nach nom Tournoi e puer flott Stonnen zesumme verbruecht. Gewënner an dësem Joer war de Loisirs Bettenduerf, deen d'Revanche an der Final géint „Chaos um Netz" geholl huet.

# Useldange reçoit la certification Argent du Pacte climat 2.0 !

En ce début d'année 2023 les responsables politiques et le personnel de la Communes d'Useldange se sont particulièrement investis pour préparer l'audit du Pacte climat 2.0.

La commune a obtenu le très beau résultat de 71,3%, ce qui lui permet d'obtenir le niveau de certification Argent (catégorie 3 : › 65%)

L'engagement pour la protection du climat est ancré depuis longtemps dans la gestion de la Commune d'Useldange. Les résultats en sont le reflet. (66,5% en 2015, et 76,6% en 2020).

La commune a pu maintenir un excellent résultat en 2023 malgré l'augmentation des exigences et l'ajout de nouveaux aspects tel que l'économie circulaire.

Ce beau résultat montre que votre commune est très engagée et agit pour la lutte contre le changement climatique. Bien évidemment, cette certification n'est pas seulement celle de vos représentants politique et de vos administrations mais elle résulte des actions la population !

**Quelques points forts qui ont permis de recevoir cette récompense :**

La digitalisation durable au service de la protection des ressources ! Avec son programme de digitalisation Useldange 4.0, la commune optimise le fonctionnement de l'administration et une meilleure gestion des consommations de ses infrastructures. C'est par exemple le cas avec les compteur d'eau intelligents qui permettent de détecter très rapidement les fuites et si besoin d'alerter les habitants concernés.



L'aménagement des espaces publics dans le centre des villages avec par exemple le complexe Péitche Lauer et ses « Champignons ». Ces aménagements exemplaires combinent modernité, respect du patrimoine architecturale, durabilité des matériaux et utilisation des énergies renouvelables.

La commune a également fournis de gros efforts pour améliorer la mobilité et la sécurité routière pour tous les piétons et les cyclistes. La mobilité douce est très concrètement soutenue. (Aménagements de trottoirs, limitation de la vitesse à 30km/h, réseau de pistes cyclables,…)




La population est largement soutenue financièrement par sa commune pour l'assainissement énergétique des habitations existantes et pour l'utilisation des énergies renouvelables. La commune est d'avis que pour cet effort demandé pour le bien commun, la communauté doit se mobiliser pour soutenir les particuliers qui engagent ces investissements. Tous les détails sur ces aides communales peuvent être consultés en ligne.(https://useldeng.lu/la-commune/energie-environnement/subsides-communaux/)

**Plus globalement, quelques chiffres sur la commune (données de 2020) :**

Useldange produit sur son territoire 14% de la consommation avec de l'électricité renouvelable. (ex. : Photovoltaïque). La commune s'est donnée comme objectif de dépasser les 30% de couverture à l'horizon 2030 !

Sur le territoire communal +-15% de la consommation en chauffage est couverte avec des énergies renouvelables (bois, pompes à chaleur, panneaux solaires, réseaux chaleur,

…). Vos responsables politiques ambitionnent d'atteindre en 2030 l'objectif de 50% d'énergies renouvelables.

Les émissions de $CO_2$ cumulées sont de +- 15 000 tonnes par an, elles étaient de 29 000 tonnes en 2005. Pour suivre l'objectif national, la charte climat signée par le conseil communal prévoit une diminution de 55% par rapport aux émissions en 2005. L'objectif est donc de +- 13 000 tonnes en 2030 ! Les efforts de la commune durant les dernières années ont déjà beaucoup porté leurs fruits !

Parmi les futurs projets de votre région pour la production d'électricité renouvelable, on peut notamment citer le projet de cinq éoliennes du Wandpark Kanton Réiden. Ce projet est maintenant en phase de demande des autorisations auprès des ministères compétents.

L'agrandissement du complexe scolaire est déjà en cours et est un exemple d'intégration de la durabilité. Actuellement, une analyse est en cours pour utiliser au mieux les énergies renouvelables du site : photovoltaïque sur les toitures et comme couverture des parkings, petite éolienne, bornes de recharge pour voitures et vélos électriques, autoconsommation du courant produit et stockage dans une batterie.

Étude de mise en place d'un réseau de chaleur alimenté par des énergies renouvelables pour le château, le centre ManuKultura et la maison du tourisme.

Le Pacte climat n'est pas le seul engagement de votre communes pour protéger votre environnement, Useldange a également signé en 2022. la convention du Pacte Nature.

Les deux pactes sont étroitement liés à l'implication des citoyens et les objectifs concernent souvent les mêmes projets (aménagement publics, règlementations, résilience au changement climatique,…).

**Où la commune doit-elle encore concentrer ses efforts :**

L'adaptation au changement climatique ! C'est une réalité, le climat change et nous devons nous préparer pour en réduire les effets négatifs.

Quelques exemples :

- végétalisation des villages pour créer de l'ombrage, végétalisation des bâtiments pour retenir l'eau des fortes pluies, créer de la biodiversité et réduire la température en été
- récupération de l'eau de pluie, désimperméabiliser les sols pour permettre son infiltration et recharger nos nappes phréatiques
- diminuer notre consommation d'eau en utilisant des plantes mieux adaptées à la sécheresse et en acceptant que nos gazon puissent devenir jaune en été …

La gestion des ressources en appliquant l'économie circulaire. Cela passe par la diminution de consommation de nouvelles ressources, réutiliser/revaloriser les objets (Ex. : Repair Café) et les matériaux, augmenter l'utilisation partagée.

Texte: Stephane Devillet

zesumme spueren
**ZESUMMENHALEN**



# La pompe à chaleur devient le chauffage de référence pour les nouvelles constructions

Les nouvelles exigences en matière d'efficacité énergétique sont en application depuis le 1er janvier 2023. La pompe à chaleur constitue désormais le système de chauffage de référence lors de l'établissement du passeport énergétique d'une nouvelle construction. Cette adaptation a également une influence sur l'octroi de l'autorisation de construire et donc sur la planification du bâtiment.

L'utilisation d'une pompe à chaleur est l'option la plus efficace pour la décarbonation de la production de la chaleur dans les bâtiments. Elle est déjà le chauffage par défaut dans de nombreuses nouvelles constructions. Depuis le mois de janvier 2023, la pompe à chaleur est le chauffage de référence lors de l'établissement du passeport énergétique pour une nouvelle construction.

Avec la définition légale comme chauffage de référence, seule une pompe à chaleur (ou une autre installation respectant ces valeurs de référence) peut être installée lors de la planification d'une nouvelle construction afin de ne pas dépasser les valeurs nécessaires pour obtenir une autorisation de construire.

**La classe énergétique et le bâtiment de référence**

Lors du calcul de la classe énergétique d'un bâtiment, afin d'obtenir une autorisation de bâtir pour une nouvelle construction, la classe d'énergie primaire (QP) et la classe d'isolation thermique (qH) de la maison sont évaluées. Ces deux valeurs figurent dans le passeport énergétique et sont déterminées depuis 2017 par la méthode du bâtiment de référence.

Cette méthode consiste à calculer une copie « virtuelle » du bâtiment planifié. Ce bâtiment dit de référence est identique au bâtiment « réel » en termes de forme, d'emplacement et d'orientation. La différence avec le bâtiment réel réside dans le fait que les paramètres de la copie « virtuelle », également appelés « valeurs de référence », par exemple la valeur U du mur extérieur ou des fenêtres, mais aussi l'installation de chauffage, sont fixés par la loi. Il en résulte donc un « clone » du bâtiment planifié avec les seules valeurs de référence définies. Lors du calcul de la classe d'énergie primaire (QP) et de la classe d'isolation thermique (qH) du bâtiment de référence, on obtient alors la valeur que la nouvelle construction prévue doit atteindre au minimum. Si ces valeurs se situent au-delà des valeurs de référence, c'est-à-dire si la performance énergétique du projet est de classe inférieure, le bâtiment ne reçoit pas d'autorisation de bâtir.

**Conseil neutre et gratuit**
energieatelier.lu • 28 33 44

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# Neie Massagesalon an der Réidener Schwämm

Viru kuerzem konnt de Präsident vum Gemengesyndikat „RéidenerSchwämm“, Patrick Wampach, mat senger Ekipp di offiziell Ouverture vum Massagestudio „Escape“ an de Raimlechkeete vun der Schwämm viru versammelte Gäscht feieren.

Nodeems de Fitness Raum am Sous-sol vum neie Saunasgebai net méi dee groussen Uklang fonnt hat, ass no enger alternativer Notzung gesicht ginn. Hei war et dann och ee richtege Gléckstreffer, datt ee mam Mary Chanot eng professionnell Masseuse fonnt huet, déi bereet war, hei hire Salon anzeriichten, deen net nëmme fir d'Clientë vun der Schwämm, mee och fir de grand public vu baussen accessibel ass. Duerch hir diversifiéiert Formatioun an deene verschiddensten Techniken, ass et der Madamm Chanot méiglech ee professionelle Service an engem angeneemen Ambiente unzebidden. Der sympathescher Madamm war et dann och wichteg, sech bei der Direktioun vun der Schwämm ze bedanken, fir des Lokalitéiten duerfen ze lounen, a sech domadder hire perséinlechen Dram vum Fräiberuffler ze erfëllen.

Weider Informatioun fannt Dir op www.escapestudio.lu oder um tel 621 963 388.





AM KANTON

# DIE VERKEHRSSICHERHEIT BETRIFFT UNS ALLE!

POLICE LËTZEBUERG



„Ständige Vorsicht und gegenseitige Rücksichtnahme" - die laut Straßenverkehrsordnung oberste Regel für die Teilnahme am Straßenverkehr sollte alle Verkehrsteilnehmer bei ihren täglichen Fahrten stets begleiten.

Zu der gegenseitigen Rücksichtnahme gehört, dass jeder Verkehrsteilnehmer - ob motorisiert, nicht motorisiert oder zu Fuß - darauf achten muss, andere nicht zu behindern, zu belästigen oder zu gefährden.

Entsprechende Verkehrsschilder, Straßenmarkierungen und Gehwege tragen zur Verkehrssicherheit bei da sie über die Gefahren, denen wir auf der Straße begegnen können informieren und den Verkehr regeln, indem sie an wichtige Regeln für die Verkehrssicherheit erinnern. Zusätzlich grenzen Gehwege den Raum für Fußgänger vom übrigen Verkehr ab. Dieser Teil der öffentlichen Straße darf und soll nur von Fußgängern benutzt werden.

Die Verkehrssicherheit ist jedoch nur dann gewährleistet, wenn sich jeder Verkehrsteilnehmer an die Regeln hält.

So stellen Fahrzeuge, welche auf Gehwegen oder Fußgängerüberwegen abgestellt sind, eine besondere Gefahr für Fußgänger dar, welche notgedrungen auf die Straße ausweichen.



## SANKTIONEN

Verstöße werden deshalb wie folgt geahndet:

| | | |
|---|---|---|
| Art-166-03 | **49,00 €** | Stationieren auf dem Bürgersteig; |
| Art-166-07 | **74,00 €** | Stationieren auf einem Fußgängerüberweg; |
| Art-166-08 | **49,00 €** | Parken innerhalb von 5 Metern auf beiden Seiten eines Fußgängerüberwegs. |




Art-107-02
**145,00 € und 2 Punkte**



Art-107-05
**145,00 € und 2 Punkte**



Art-107-06
**74,00 €**



Art-107-31
**24,00 €**



Art-107-32
**49,00 €**




Art-107-35
**145,00 €**

## COMMISSARIAT ATERT

(+352) 244 92 1000 police.atert@police.etat.lu


BIODIVERSITÉIT
PLANZEN AN DÉIEREN IDENTIFIZÉIEREN
D'LOFTQUALITÉIT CHECKEN
KLIMA & LOFT
* iNaturalist
* Meng Loft
MONITORING
INFORMÉIEREN AN INFORMÉIERT BLEIWEN
* Plantnet
* Picture this
* Birdnet
* NaturaList
* Butterflycount
* Gouvalert
* Invasive Alien Species Europe
* Meine Pegel
UECHT GINN A SCHÜTZEN
D'NATUR BESSER KENNELÉIEREN
OP NATUR-KATASTROPHE REAGÉIEREN
SECH UN DE KLIMAWANDEL UPASSEN
INVASIVAARTE MELLEN
E puer Léisungen
an der Täsch?
DEN ËFFENTLECHEN TRANSPORT MEESCHTEREN
LÉINEN? JO! BESËTZEN? NEE MERCI!
PRODUITEN OUNI SCHUEDSTOFFER
PRODUITE RETTEN, DÉI GLÄICH OFLAFEN
* ToxFox
* Think Dirty
* Yuka
* Too Good to Go
* Food4All
* vel'OH!
* Carloh
* Flex Carsharing
* mobilitéit.lu
KENG LIEWENSMËTTELE VERSCHWENDEN
MÉI GESCHEIT AN AKTIV ËNNERWEE
SECOND-HAND KAFEN A VERKAFEN
NOPERE VERBANNE FIR MÉI ZE DEELEN
* Klaxit
* BlaBlaCar
MOBILITÉIT
KONSUM
COVOITURAGE
* Vinted
* Hoplr
Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.
ebl.lu / info@ebl.lu
ËMWELT-APPS
(* Hei si just e puer Beispiller. Kenns du nach anerer?)
GEMENG USELDENG

# Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L- 8510 Redange-Attert
Site: https://cathol.lu/atertdall

**ÉQUIPE PASTORALE:**
Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jjf@scj.lu
Père Mathieu JANSSEN M.O., curé
Père Vincent BILLOT & Père Jacques BAGNOUD, subsidiaires
Joke de KROON, coopératrice pastorale Tél: 691 497 273 j.dekroon@cathol.lu

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES Tel: 23 62 10 53** / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire

**KRANKEN- & ALTENPASTORAL** Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ

**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES tél. 621 686 102**

## KATECHES – CATÉCHÈSE 2023/24



### >> Aschreiwungen fir d'Kateches 2023-2024 <<

Léif Elteren,
Déi nei Aschreiwungen fir d'Kateches lafen un ab 19. Juni 2023.
All Informatiounen kritt dir am Parbüro Tel: 23 62 10 53 atertdall@cathol.lu
D' Formulairen fir d'Aschreiwungen fannt dir dann op eisem Site: https://web.cathol.lu/article6545
**D'Aschreiwungen sin bis den 13. Juli 2023.**

### >> Inscription au cours de catéchèse 2023/2024 <<

Chers parents,
Les inscriptions pour la catéchèse débuteront le 19 juin 2023. Pour toute information, veuillez contacter le secrétariat paroissial: Tél : 23 62 10 53 ou par courriel: atertdall@cathol.lu
Les fiches d'inscriptions seront disponibles sur notre site: https://web.cathol.lu/article6545
**La date butoir pour les inscriptions est fixée au 13 juillet 2023.**

## Kommioun & Firmung 2024



### >> Aschreiwungen fir d'Kommioun oder d'Firmung 2024

All Informatiounen kritt dir am Parbüro Tel: 23 62 10 53 atertdall@cathol.lu
D' Formulairen fir d'Aschreiwungen fannt dir op eisem Site:
https://web.cathol.lu/article4410 (Kommioun) & https://web.cathol.lu/article4406 (Firmung)
**D'Aschreiwungen sin bis den 13. Juli 2023.**

### >> Inscriptions au sacrement de la communion ou confirmation 2024 <<

Veuillez prendre contact au bureau paroissial Tél : 23 62 10 53 ou par courriel: atertdall@cathol.lu
Les fiches d'inscriptions sont disponibles sur notre site:
https://web.cathol.lu/article4406 (confirmation) & https://web.cathol.lu/article4410 (communion)
**La date butoir pour les inscriptions est fixée au 13 juillet 2023.**



### D'Eischt Kommioun 2024

Fir d'Virbereedung op d'Eischt Kommioun sinn 11 Versammlungen vun 90 Minutten virgesinn.
D'Kanner, déi schon **2 Joer Kateches** gemaach hunn, an op **manst 8 Joer** hunn kënnen sech fir dës Virbereedung aschreiwen, esou wéi et hinnen am beschte geet:

*entweder dënschdes oder donneschdes nomëttes, oder samschdes mueres.*

D'Virbereedung op d'Eischtkommioun gëtt vu Bénévolen zesummen mam Curé-modérateur gemaach.
***D'Virbereedung op d'Eischt Kommioun ass eng aner wéi déi fir d'Kateches.***
**Meld äer Kanner w.e.gl. bis den 13. Juli 2023 un.**

# « Kniddelen » – Quenelles à la Luxembourgeoise



Pour les « Kniddelen »

- 3 tranches de pain de mie
- 150 ml de lait
- 500 g de farine tamisée
- 5 à 6 œufs
- sel marin fin
- 2 c. à s. de beurre fondu

Pour la sauce

- 2 tranches de pain de mie
- 2 c. à s. de beurre clarifié
- 100 g de lard salé (bacon maigre ou lard non fumé)
- 120 g de crème épaisse
- sel marin fin

Pour servir

- 2 c. à s. de ciboulette fraîche, émincée

**Les « Kniddelen »**

1. Retirer la croûte du pain, puis le déchirer en petits morceaux et les tremper dans du lait. Mettre la farine dans un saladier, ajouter les œufs, le sel, le pain et le lait et mélanger le tout en battant fermement avec une cuillère en bois, jusqu'à obtenir une pâte lisse et semi-ferme. Incorporer le beurre fondu. Mettre la pâte de côté, couverte d'une serviette ou d'un film plastique, pendant une demi-heure.
2. Remplir une grande casserole d'eau, porter à ébullition et ajouter du sel. À l'aide d'une cuillère à soupe, former de petites quenelles de pâte et les déposer pendant 3 à 4 minutes dans l'eau frémissante. Éviter de mettre trop de boulettes en même temps, afin qu'elles puissent cuire uniformément. Retirer les quenelles à l'aide d'une écumoire et bien les égoutter dans une crépine ou une passoire.
3. Les disposer dans un plat à gratin chauffé et les réserver au chaud.

**La sauce**

1. Préchauffer le four à 150 °C. Découper les croûtes et couper les tranches de pain en petits cubes.
2. Faire fondre le beurre clarifié dans une poêle, ajouter les dés de pain, bien mélanger avec le beurre et les répartir sur une plaque à pâtisserie recouverte de papier sulfurisé. Les faire cuire au four pendant 15 à 20 minutes jusqu'à ce qu'ils soient dorés. Retirer du four et les laisser refroidir sur du papier absorbant.
3. Découper le porc en fins bâtonnets (lardons) et les faire sauter dans une poêle chaude jusqu'à ce qu'ils soient bien croustillants. Dégraisser la poêle en enlevant le porc et en essuyant l'intérieur avec du papier absorbant. Ajouter la crème, dans la poêle et faire chauffer. Vérifier l'assaisonnement. Remettre les lardons dans la sauce.

**Pour servir**

1. Napper les « Kniddelen » avec la sauce et les lardons. Parsemer de croûtons et de ciboulette hachée. Servir bien chaud.

# „Uselding am Mëttelalter“

## Mittelalterfest und -markt 16. Auflage

### 3. & 4. Juni 2023

Das Useldinger Mittelalterfest lockte im Juni letzten Jahres Tausende von begeisterten Besuchern an. Nach zwei von der verhängnisvollen Pandemie geprägten Jahren, wollten sich die Besucher wieder zwanglos an Tanz und Musik belustigen, sich die gebotenen Kunststücke anschauen und zusammen mit Bekannten den einen oder anderen Schoppen Met leeren. Nach dieser eher außergewöhnlichen XV. Edition des Useldinger Mittelalterfestes, möchte Marktvogt Leopoldus vom Weidfeld an den schönen Erfolg anknüpfen und beauftragte kurzum seinen Majordomus mit der Ausrichtung einer XVI. Edition dieses über die Grenzen seines Herrschaftsgebietes hinaus bestens bekannten und beliebten Spektakulums.



**Die Useldinger Burg**

Nach kurzer Absprache mit seinem Schatzmeister und einem ordentlichen Griff in die Geldschatulle stand fest, dass das diesjährige Fest noch schöner, bunter und exquisiter werden solle. So müssten fahnenschwingende Burschen und lautstarke Trommeln die Ankunft der Edelleute begleiten, holde Jungfern mit Engelsstimmen die Männerherzen bezirzen und muskelbepackte Troubadoure in Lederschürzen die herrschaftliche Weiberschaft zum Jauchzen bringen. Für die ganz Kleinen käme ein famoses Riesenrad ganz recht. Scharen von Rittern, Recken, Kämpen und ihr jeweiliges Gefolge sollen das Zeltlager in der Zärenwiese am nahen Attertufer bevölkern. Obendrein sollen viel fahrendes Volk, Zauberer, Gaukler, Handwerker und Marktleute dem krisengebeutelten Volke etwas Abwechslung und Unterhaltung bieten.

Und so soll es denn auch geschehen …

Auf drei verschiedenartigen Bühnen wird dem Besucher mittelalterliche Musik vom Feinsten geboten. So werden die vier Musikantinnen des Ensembles „**Die Irrlichter**“ aus dem Rheinlande das Publikum überwiegend mit Balladen und „zauberhafter“ Musik, insbesondere auch mit der Vertonung historischer Zauberformeln begeistern. Im Jahre 2013 errangen die Irrlichter im germanischen WDR-Fernsehen den 2. Platz als „Beliebteste Straßenmusiker“.



**„Die Irrlichter“ aus dem Rheinlande, zum ersten Male als Gäste in Useldingen mit dabei!**

„**Acus Vacuum**“, die sehr gepriesenen Musikanten aus der wallonischen Pagan-Folk Szene werden tagsüber die Useldinger Burg mit ihrem kraftvollen Spiel zum Kochen bringen. Tänzerin Samantha wird mit ihren mystischen Tanzeinlagen die Musik rhythmisch untermalen. Am Samstagabend wird die Gruppe bei einbrechender Dunkelheit ein packendes Konzert darbieten, das nahtlos in die Feuershow von **Max und Moritz** aus dem hohen Norden münden wird.

Aus dem benachbarten trierischen Lande kommen sie angerückt, „**Die Spilldeyvel**“. Sie bezeichnen sich selbst als „des Teufels Hofmusikanten“. Der Name ist Programm, und laut ihrer eigenen Einschätzung dürften sie mit „donnernden Trommeln und dudelnden Säcken“ das Useldinger Ritterlager gehörig zum Beben bringen.

Etwas vornehmer geht es bei unseren beiden, über die Jahre liebgewonnen klassischen Pipebands zu. So werden am Samstag die **Luxembourg Pipe Band** und am Sonntag (je 15 Uhr) die **Dudeldorf Lion Pipes and Drums** die

AGENDA



„Acus Vacuum“ aus Wallonien, Vertreter der mittelalterlich angehauchten Pagan-Folk Szene.

spektakuläre Parade anführen, an der sich alle Musikanten, Ritter- und Lagergruppen mit ihren Bannern beteiligen werden.

Ihre Feuertaufe zu bestehen, haben die acht **Fahnenschwinger** aus Prag, die sich eigens für ihre luxemburgischen Auftritte neue Fahnen und Kostüme mit dem „Roude Léif“ anschafften. Die vier Fahnenschwinger, ein Genuss fürs Auge, werden rhythmisch von vier Trommlern begleitet.

Die Prager Flagwavers - zum ersten Male in Useldingen mit dabei.



Das sich harmonisch ins Landschaftsbild anschmiegende Ritter- oder Heerlager gehört unbestritten zu den alljährlichen Attraktionen. Neu mit dabei die Truppe **Helgardh**, die ein niederlothringisches Lager aus dem 11. Jh. (An-Miles) darstellen wird, ein Gebiet, an dessen historischer Grenze Useldingen zu jener Zeit lag. Endlich auch wieder mit dabei sind die Bogenschützen **Les Archers de Sire Contet**. Die historische Regentschaft der badischen Markgrafen über Useldingen wird durch die **Badischen Schwertspieler**, eine der ältesten Mittelaltervereine Deutschlands, dargestellt. Die Schwertspieler werden sich auch für das eine oder andere Scharmützel verantwortlich zeigen müssen. Keine Unbekannte sind die renommierten wallonischen **Compagnons de la Cour des Miracles**, eine vielseitige Truppe, die das gesamte Spektrum Mittelalter in puncto darstellendes Handwerk und Rittertum abdeckt. In **Preateritis**, **Fuuseklan**, **Isleker Haufen** und viele weitere lokale und internationale Ritter, Knechte und Handwerker vervollständigen das Heerlager.

Stelzengänger **Birke und Eiche**, Gaukler **Tamino**, Gauklerduo **Max und Moritz**, das **Flickerweib**, **Gontrand** der musikalische Mönch und der Zauberer William laden ein zu einem unterhaltsamen und humorvollen Stelldichein. Mäuseroulette, Mittelalterspiele, Rittershow, Kinderschminken, Angelspiel, Schaukeln, Riesenrad und Wappenmalerei lassen auch bei den jüngsten Rittern keine Langeweile aufkommen.

Ein luxemburgischer Ritter zu Gast in Useldingen



Ein reichhaltiges Angebot wird von über sechzig Marktständen, verteilt über das weitläufige Festgelände, feilgeboten. Zudem werden Vorführungen mittelalterlicher Handwerkskunst, wie das Schmieden von Eisen, die Lederverarbeitung oder das Färben von Wolle angeboten. Neugierig darf man auf das musikalische Instrumentarium von **Cedrik Mercier** sein, der eine spannende Reise des Instrumentenbaues durch die Jahrhunderte anbieten wird. Auch in diesem Jahr wird **Françoise Van d'Ouest** ihre besondere Korbflechtkunst einem interessierten Publikum darbieten.

Die kulinarischen Künste unserer mittelalterlichen Köche braucht man nicht mehr in Worte zu fassen. Deliziöses Spanferkel exquisit gewürzt, frisch zubereitete Spezialitäten vom Holzgrill, ofenwarme Waffeln und viele andere Köstlichkeiten sind stets im Angebot. Dazu ein Met vom lokalen Produzenten oder ein süffiges dunkles Heischter Bier, was will man mehr...

Mit ihren diversen informativen Ausstellungen, der Krypta und dem mittelalterlichen Friedhof steht aber wie gewohnt die ehrfürchtige Useldinger Burg wieder im Zentrum des Geschehens.

Alle möglichen Zutaten, die das XVI. Useldinger Mittelalterfest zu einem der schönsten Feste im Wilden Westen küren könnten, wurden wieder einmal sorgfältig ausgewählt und zusammengefügt. Einer zünftigen Markteröffnung durch Marktvogt Leopoldus vom Weidfeld dürfte insofern nichts mehr im Wege stehen ...



„Das Riesenrad"

Fotos und Text: Georges Majerus




# Guided Summer Tours

**Découvertes jour & nuit du 18 juillet au 09 septembre**

Visit Guttland

**Inscription obligatoire !**
**www.visitguttland.lu/guided-summer-tours**

| Explorer Tuesday | Afterwork Wednesday | Farmers Thursday | Friday by night | Slow Saturday |
|---|---|---|---|---|
| 18.07 & 15.08<br>16h00-18h00<br>Useldange<br>**Family, fun, bread & bake** | 19.07 & 16.08<br>19h00 - 21h00<br>Rollingen<br>**Yoga and Sound Bath au Kass-Haff** | 20.07 & 17.08<br>14h00-16h30<br>Reimberg<br>**Ferme « A Wëlwertz »** | 28.07 & 04.08<br>20h30-23h00<br>Haut-Martelange<br>**Plongez dans le monde des Leekëpperten** | 22.07 & 19.08<br>09h00-11h30<br>Reimberg<br>**Randonnée méditative au Guttland.Trail** |
| 25.07 & 22.08<br>14h00 - 16h30<br>Haut-Martelange<br>**DOTS.Atelier atour de l'Ardoise** | 26.07 & 23.08<br>18h30-20h30<br>Nospelt<br>**Atelier Péckvillchen** | 27.07 & 24.08<br>14h00-16h00<br>Contern<br>**Sortie familiale à l'autrucherie « An Nommesch »** | 11.08 & 18.08<br>20h00-22h30<br>Useldange<br>**Histoires, contes et légendes au château d'Useldange** | 29.07 & 26.08<br>10h00 - 12h00<br>Rindschleiden<br>**Slow Trip à travers le plus petit village du pays** |
| 01.08 & 29.08<br>14h00 - 15h30<br>Useldange<br>**Visite guidée du château pour familles avec enfants** | 02.08 & 30.08<br>18h00 - 20h00<br>Steinfort<br>**Workshop Céramique** | 03.08 & 31.08<br>14h00-17h00<br>Rollingen<br>**La vie des animaux à la ferme Kass-Haff** | 25.08 & 01.09<br>19h00 - 21h00<br>Kahler<br>**Coucher de soleil sur le réservoir d'eau Rebierg** | 05.08 & 02.09<br>09h00-11h30<br>Uebersyren<br>**« Schlammwiss » À la découverte de la réserve naturelle** |
| 08.08 & 05.09<br>14h00-16h00<br>Nospelt<br>**Atelier Péckvillchen** | 09.08 & 06.09<br>19h00 - 21h00<br>Beckerich<br>**After-Work avec les Mille Giedelen** | 10.08 & 07.09<br>14h00-15h30<br>Beckerich<br>**To bee or not to bee** | 21.07 & 08.09<br>20h30 - 22h30<br>Goeblange<br>**Retraite aux flambeaux à la ville romaine** | 12.08 & 09.09<br>10h00-12h00<br>Hunnebour (Mersch)<br>**Shinrin Yoku** |



# 15.06.2023
# THE LOW RIDERS - LIVE CONCERT
TIT SCHROEDER PLAZ USELDENG

19h30-21h00

10€ / Persoun

MANUKULTURA

Info & Umeldung:
Ben Boulanger: monniben@pt.lu
manukultura@useldeng.lu
23 63 00 51 29

AGENDA



## 150 Joer Dollarmatti
## 17.06-18.06

USELDENG / USELDANGE

**LU** Begitt Iech op eng Rees an d'Vergaangenhet an trefft déi eenzegaarteg a faszinéierend „Dollarmatti", eng virun 150 Joer zu Useldeng gebuerен Dame, déi wärend ville Joren an den USA gelieft huet. Gitt méi iwwert hiert Liewen op der Useldenger Buerg gewuer, déi sie an den 1930er Joren opkaaft huet an erlieft dës charmant Buerg mat alle Sënner. Fir den 150. Jubiläum erwaarden Iech wärend deem Weekend sëlleg Iwwer-raschungen an Aktivitéite fir Grouss a Kleng.

**FR** *Voyagez dans le temps et rencontrez l'unique et fascinante « Dollarmatti », une dame née à Useldange il y a 150 ans, qui a vécu de nombreuses années aux États-Unis. Découvrez sa vie au château d'Useldange qu'elle a acquis dans les années 1930 et vivez cette charmante forteresse avec tous vos sens. Pour célébrer son 150e anniversaire, de nombreuses surprises et activités pour petits et grands vous serons proposés pendant ce weekend.*

**EN** Travel back in time and meet the unique and fascinating "Dollarmatti", a woman who was born 150 years ago in Useldange and who lived many years in the United States of America. Discover her life at the castle of Useldange, which she bought in the 1930's, and experience the charming fortress with all the senses. To celebrate its 150th anniversary, the weekend offers numerous surprises and activities for young and old.

SAVE THE DATE
8.-9. JULI

# Weekend vum Wëlle Westen

EEN TOURISTESCHT FEST FIR GROUSS A KLENG
UNE FÊTE TOURISTIQUE POUR TOUT ÂGE



Am Schifermusée zu Uewermaartel

AU MUSÉE DE L'ARDOISE À HAUT-MARTELANGE

**8.07 : 14H00-20H00 & 9.07 : 10H00-18H00**

## ANIMATIOUN FIR D'GANZ FAMILL

Visitten vum Schifermusée | Gratis Animatioun | Workshops an Infostänn vun den touristischen Partner a Veräiner aus dem „Wëlle Westen" | Iessen a Gedrénks | Live Musik | Spiller

## ANIMATION POUR TOUTE LA FAMILLE

Visites du Musée de l'ardoise | Animation gratuite | Workshops et stands d'information des partenaires touristiques et associations du « Wëlle Westen » | Ravitaillement | Live Musique | Jeux

VISIT WËLLE WESTEN
KANTON REIDEN
VISIT LUXEMBOURG
Visit Guttland

Méi Informatiounen
Plus d'informations

www.visitwellewesten.lu
visitwellewesten

# MEE

27.05. | SAMSCHDEG

GALACONCERT CENTRE CULTUREL
> USELDENG
Harmonie Useldeng

# JUNI

03. 06. | SAMSCHDEG > 04.06. | SONNDEG

MËTTELALTERFEST
> USELDENG
Härenequipe Useldeng

03. 06. | SAMSCHDEG > 04.06. | SONNDEG

SCHANDELER KIERMESS
> SCHANDEL
Schandeler Duerffrënn

08.06. | DONNESCHDEG

PORTE-OUVERTE BUVETTE SPORTSHAL
> USELDENG
Senioreforum

11.06. | SONNDEG

GEMENGE WALEN APERO BEIM TOURISTINFO
> USELDENG
Club des Jeunes Useldeng

15.06. | DONNESCHDEG

LIVE CONCERT THE LOW RIDERS
> HANNERT DEM CENTRE CULTUREL, USELDENG
Kultur a Buergfrënn & Ben Boulanger

17.06. | SAMSCHDEG

VËLOSCOURSE GP KROPEMANN EDITIOUN:
AM SCHIED VUN DER BUERG
> USELDENG
Cycling Team Atertdaul

23.06. | FREIDEG

NATIONALFEIERDAGG

25.06. | DONNESCHDEG

TRËPPELTOUR NOM BËSCH UN DEN DËSCH
> RIPPWEILER
Rippweiler Duerffrënn

27.06. | DËNSCHDEG

SENIORENIESSEN BUVETTE SPORTSHAL
> USELDENG
Senioreforum




# JULI

08.07. | SAMSCHDEG > 09.07. | SONNDEG

WEEKEND VUM WËLLE WESTEN
> SCHIEFERMUSÉE HAUT-MARTELANGE
Kultur a Buergfrënn

09.07. | SONNDEG

GENERALVERSAMMLUNG BUVETTE SPORTSHAL
> USELDENG
FC Jeunesse

14.07. | FREIDEG

OFSCHLOSSCONCERT OP DER BUERG
> USELDENG
Harmonie Useldeng

16.07. | SONNDEG

KIERMES HÄMMESLMARSCH
> USELDENG
Harmonie Useldeng

18.07. | DËNSCHDEG > 23.07. | SONNDEG

COUPE NIC. ANZIA
> USELDENG, TERRAIN 1
FC Jeunesse

22.07. | SAMSCHDEG

OPEN AIR FESTIVAL - OEKOPARKING
> USELDENG
Club des Jeunes Useldeng




25.07. | DËNSCHDEG

SENIORENIESSEN BUVETTE SPORTSHAL
> USELDENG
Senioreforum

## AUGUST

15.08. | DËNSCHDEG

GROTTEFEIER OP MARIA HIMMELFAHRT
> RIPPWEILER
Oeuvres Paroissiales Rippweiler & Club des Jeunes

## SEPTEMBER

09.09. | SAMSCHDEG > 10.09. | SONNDEG

TRAKTERSTREFFEN
> IEWERLENG
Ferguson Club

14.09. | DONNESCHDEG

PORTE-OUVERTE BUVETTE SPORTSHAL
> USELDENG
Senioreforum

16.09. | SAMSCHDEG

FLASHMOB
> USELDENG
Harmonie Useldeng



WWW.USELDENG.LU

GEMENG USELDENG

**ADMINISTRATION COMMUNALE D'USELDANGE**
**2, RUE DE L'EGLISE**
**L-8706 USELDANGE**
**T. 23 63 00 51-1**

Ouverture des bureaux de l'administration communale d'Useldange

**Secrétariat** M. Daniel Philippe
Sur rendez-vous

**Bureau de la population** M. Tom Lehnert
Lundi : 08h00 – 12h00
Mardi: 13h00 – 19h00
Mercredi/Jeudi /Vendredi : 08h00 – 12h00

**Redacteur** M. Bob Waltzing an M. Pit Lang
Sur rendez-vous

**Service technique** M. Marc Ferber, M. Denelle Luca
Sur rendez-vous

**Recette** Mme Tessy Ferber-Anen
Sur rendez-vous

**Relations publiques** Mme Jil Peiffer
Sur rendez-vous